23e séance

Jeudi 20 décembre 2001

Présidence
M. Jean Spautz, Président

Ordre du jour

1. Communication
2. Projet de loi 4867 portant modification de la loi modifiée du 19 juin 1985 concernant les allocations familiales et portant création de la caisse nationale des prestations familiales *(Rapport de la Commission de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse – Discussion générale – Lecture du texte du projet de loi – Vote et dispense du second vote constitutionnel)*
3. Projet de loi 4668 portant approbation et application de la Convention relative à la collecte, au dépôt et à la réception des déchets survenant en navigation rhénane et intérieure *(Rapport de la Commission de l'Environnement – Discussion générale – Lecture du texte du projet de loi – Vote et dispense du second vote constitutionnel)*
4. Projet de loi 4848 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2002 *(Suite – Lecture du texte du projet de loi – Vote – Motions)*
5. Dépôt d'un projet de loi
6. Dépôt d'une motion
7. Ordre du jour

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; Mme Erna Hennicot-Schoepges, M. Luc Frieden et Mme Anne Brasseur, Ministres.

(Début de la séance publique à 9.03 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Kommunikatiounen ze maachen?

(Négation)

Dat ass net de Fall

1. Communication

Ech wëll drop opmierksam maachen, dass gëschter, den 19. Dezember, d'Ministesch fir den öffentlechen Déngscht de Projet de loi 4891 iwwert de Statut vun de Statsbeamten déposéiert huet.

Mir hunn als éischte Punkt op eisem Ordre du jour d'Diskussioun vum Projet de loi 4867 iwwert d'Famillejenzoulagen. D'Wuert huet den Här Paul-Henri Meyers, Rapporteur vum Projet de loi.

2. Projet de loi 4867 portant modification de la loi modifiée du 19 juin 1985 concernant les allocations familiales et portant création de la caisse nationale des prestations familiales

Rapport de la Commission de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse

M. Paul-Henri Meyers *(CSV), rapporteur.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet 4867, dee mer haut sollen unhuelen, ass den 19. November vun dësem Joer vun der Familljeministesch, der Mme Marie-Josée Jacobs, an der Chamber deponéiert ginn.

Den initiale Projet huet zwee grouss Ziler: Eng Erhéijung vum Kannergeld ëm 1.000 Frang oder 24,75 Euro beim heitegen Index pro Kand pro Mount an eng Ofännerung vun enger ganzer Abberzuel vu gesetzleche Bestëmmunge vu véier verschiddene Gesetzer:

– d'Kannergeldsgesetz vun 1985,

– d'Gesetz vun der Allocation de rentrée scolaire vum 14. Juli 1986,

– d'Gesetz vum 1. August 1988 iwwert d'Erzéiungszoulag an

– d'Gesetz vum 12. Dezember 1999 iwwert de Congé parental.

A sengem Avis vum 11. Dezember vun dësem Joer huet de Statsrot festgestallt, dass et him onméiglech wär, fir deen zweete Volet vum Projet ze ënnersichen, d'Zäit wär ze kuerz an et wären och nach keng Avise vun de Beruffschamberen do.

De Statsrot huet awer nëmmen deen éischten Deel vum Projet, dat heescht, d'Erhéijung vun dem Kannergeld aviséiert, esou dass mer haut och nëmmen deen Deel vum Projet kënne stëmmen. Den zweeten Deel, deen déi aner gesetzlech Ofännerunge vum Kannergeld vun anere Gesetzer beinhalt, muss ausgesat ginn, bis dass den Avis vum Statsrot do ass.

Als Rapporteur vum Projet wëll ech verschidde Punkte besonnesch ervirhiewen, déi sech am Zesummenhank mat dësem Gesetz stellen:

Een éischte Punkt ass deen, deen och erëm am Exposé des motifs vum Gesetz ervirgehuewe gëtt, vun der Finalitéit vum Kannergeld. Dës Finalitéit huet sech zënter dem éischte Gesetz vun 1947 wesentlech geännert. D'Kannergeld, dat viru méi wéi 50 Joer ageféiert gouf opgrond vun enger gesetzlecher Basis, ass deemools nëmmen un Aarbechter an Employéen ausbezuelt ginn. Duerno ass et no an no op aner Beruffsstänn ausdehnt ginn.

Am Gesetz vun 1985, wat dat lescht Basisgesetz vum Kannergeld ass, ass virgesi ginn, dass d'Kand d'Recht op d'Kannergeld huet. Dat ass eng wesentlech Ännerung par rapport zu deenen Texter, déi mir virdrun haten an d'Entwécklung huet och mat sech bruecht, dass déi politesch Approche vum Kannergeld geännert huet.

D'Kannergeld stellt hei zu Lëtzebuerg eng materiell Hëllef fir d'Familljen duer, mä d'Kannergeld ass net déi eenzeg materiell Hëllef fir d'Famill an deene leschte Jorzéngte gewiescht. D'Belaaschtungen, déi duerch Kanner der Famill entstinn, sinn deelweis duerch d'Kannergeld awer och deelweis duerch Steierreduktiounen entschäerft ginn.

Et war am Joer 1991 wéi d'Regierung den Här Georges Calot chargéiert hat, fir eng Etüd ze maachen, deemools nach iwwert déi demographesch Entwécklung vum Land, awer och iwwert dat, wat ee kënnt maachen, fir deem entgéintzewierken an och fir ze ënnersichen, wéi de sou genannten Ausgläich vun de Familljelaaschte kënnt besser virgeholl ginn.

Den Här Calot huet deen duebele Volet ënnersicht an huet och erausfonnt, dass an deenen Dispositiounen, déi mer deemools haten an déi haut och nach zum Deel bestinn, eng gewëssen Inkohärenz dra wär, doduerch dass een deene Familljen, déi méi kleng Revenuen hätten, deen Ausgläich iwwert d'Steieren net kënnt ginn, well se keng Steiere géife bezuelen.

Dat huet derzou geféiert, dass d'Regierung d'Konsequenzen aus där Etüd gezunn huet a proposéiert huet a Gesetzer, déi 1992, 1997 awer och 1998 komm sinn, fir engersäits d'Steierreduktiounen erofzesetzen an op där anerer säit d'Kannergeld uniformément fir déi eenzel Kanner ze erhéijen, wouduerch een e besseren Ausgläich fir all Kanner erreecht.

E weidere Punkt, den ech ervirhiewe wëll, ass deen, dass d'Familljepolitik awer net nëmmen eleng iwwert d'Kannergeld gemaach gëtt, mä och iwwer eng ganz Rei vun anere Prestatiounen am Intérêt vun der Famill. Ech erënneren hei un dat, wat virgesinn ass, notamment am RMG-Gesetz, wou och Zouwendunge fir d'Kanner virgesi sinn. Ech erënneren un d'Hëllefe beim Wunnengsbau. Et gëtt nach eng ganz Rei aner Prestatiounen am Intérêt vun der Famill, wéi zum Beispill bei de Studien.

Dat féiert derzou, esou wéi et gëschter schonn hei gesot ginn ass, dass een an där Politik eng gewëssen Inkohärenz a gewëss Ongerechtegkeete feststellt. Dofir huet d'Regierung eng Etüd an Optrag ginn iwwert d'Transferts sociaux, wou déi ganz Problematik vun deenen Transferten soll ënnersicht ginn. Déi Etüd soll am Joer 2002 virleien. D'Familljekommissioun huet festgehalen, dass si déi ganz Problematik, och déi vun den Hëllefen, wa se déi Etüd huet, wëllt ënnersichen a kucken, wat gemaach gi ka bei deenen Transferten a wéi een déi och besser a méi gerecht ka gestalten.

D'Regierung huet awer déi Etüd net ofgewaart, fir e Projet anzebréngen, fir d'Kannergeld elo schonn direkt ze erhéijen. Dat huet seng gutt Grënn. Mir hu gëschter e Steiergesetz gestëmmt, wat wesentlech materiell Hëllefe fir vill Leit bréngt, wou awer Familljen, déi keng Steiere bezuelen, well se ënnert de Seuil falen, vun deem un een iwwerhaapt Steiere bezillt, näischt kréien. Et ass awer richteg, dass een och deene Famillje mat Kanner en Undeel gëtt un der sozialer Entwécklung an iwwert deen heite Wee vum Kannergeld, Undeel, deen déi Belaaschtungen, déi d'Familljen hunn, deelweis weider kann ausgläichen.

U sech ass et de Leit, déi Kanner hunn, eigentlech egal iwwer wéi eng Finalitéit mir diskutéieren, wéi eng Etüd mer maachen. Fir d'Familljen ass wichteg, dass se eppes kréien, an dofir ass et och wichteg, dass zu dësem Ableck gläichzäiteg mat deem Gesetz iwwert d'Steierreduktiounen och un d'Famillje geduecht gëtt, an dofir mengen ech, dass hei an der Chamber kaum ee sech géint dat do Gesetz kënnt stäipen.

Wat bréngt elo dat neit Gesetz? Et ass virgesinn, dass d'Kannergeld uniformément ëm 1.000 Frang geheicht gëtt. Ech wëll just d'Beträg rappeléiere fir déi eenzel Gruppe vu Kanner:

Beim éischte Kand geet d'Kannergeld beim heitegen Index vu 5.784 op 6.783 Frang erop, an Euro ausgedréckt vun 143,4 Euro op 168,15 Euro. Dat mécht 17% Erhéijung aus.

Bei engem Grupp vun zwee Kanner geet d'Erhéijung erop vun 14.108 op 16.107 Frang. Dat si 14%. An Euro ausgedréckt vun 318,29 op 399,64 Euro.

Bei engem Grupp vun dräi Kanner geet d'Kannergeld erop vu 26.337 op 29.338 Frang. Dat ass eng Erhéijung vun 11,3%. An Euro ausgedréckt vu 653,01 op 727,26 Euro.

Bei véier Kanner geet et erop vun 38.564 op 42.559 Frang. Dat sinn 10,3%. An Euro vun 955,96 op 1.055 Euro.

Gläichzäiteg gëtt och d'Kannergeld fir déi handicapéiert Kanner ëm 1.000 Frang geheicht.

Wann ech hei Prozenter zitéiert hunn a wa mer feststellen, dass déi Erhéijung prozentual erofgeet mat

der Kannerzuel, da läit dat dorun, dass d'Kannergeld fir e Grupp mat zwee, mat dräi oder mat véier Kanner ëmmer méi héich war wéi dat mat engem Kand par rapport zu der Zuel vun de Kanner, mä dass, wann een et uniformément erhéicht, de Prozentsaz dann net esou héich ass. Wann een et prozentual gläich gehéicht hätt, hätt ee fir zwee, dräi a véier Kanner méi wéi 1.000 Frang misse ginn, fir deeselwechte Prozentsaz ze halen.

Dat ass elo d'Problematik, déi gegebenenfalls am Kader vun der Etüd iwwert d'Transferts sociaux muss gekuckt ginn, wou och muss gekuckt ginn, bei wéi engem Niveau den Ausgläich vun de Belaaschtungen duerch d'Kanner muss leien.

Dëst Gesetz huet awer, esou wéi dat iwwregens an der Regierungserklärung dra steet, net gläichzäiteg d'Steierreduktiounen erofgesat. D'Gesetz huet och net déi Zouwendungen, déi am RMG-Gesetz virgesi sinn, erofgesat, esou wéi dat 1998 geschitt ass. Dëst sollt eng Mesure sinn, déi am Kader vum Steiergesetz séier an effikass sollt geschéien. Déi aner Problemer kënne mer dee Moment, wou mer de Rescht vum Gesetz ënnersichen, kucken.

D'Finanzéierung vum Kannergeld: Éischtens emol kascht déi Erhéijung eppes, an zwar bréngt dat fir de Stat eng zousätzlech Belaaschtung vun 53,8 Milliounen Euro. Dat sinn 2,170 Milliarde Frang, déi ganz zu Laaschte vum Stat sinn. Am Zesummenhank mat der Finanzéierung huet d'Familljekommissioun nach eng Kéier drop higewisen, dass ee misst kucken, ob een d'Gesetz, wat nach ëmmer d'Finanzéierung iwwer Beiträg virgesäit, net misst ofänneren, well zënter dem Gesetz vum 17. Juni 1994 de Stat fir de Privatsecteur integral d'Finanzéierung vum Kannergeld iwwerhëlt a well et eigentlech kee Sënn méi mécht, et sief dann, et wëllt een dat erëm eng Kéier réckgängeg maachen, dass een déi Berechnung vun de Cotisatiounen a vun der Part de l'Etat weider oprechterhält.

Allerdéngs maachen ech drop opmierksam, dass et nach eng Kategorie vu Beitragszueler gëtt, déi selwer hir Beiträg musse bezuelen. Dat sinn d'Gemengen an dat sinn déi öffentlech Etablissementer, déi vun dem Stat ofhänken. D'Gesetz vun 1994 an och dat vun 1999 hunn dat net virgesinn. Wann also de Stat déi ganz Chargen iwwerhuele géif, misst een och d'Chargen, déi nach bei de Gemenge leien, mat iwwerhuelen.

D'Kommissioun huet gläichzäiteg mam Projet de loi vun der Regierung d'Proposition de loi vum honorabelen Deputéierte Lucien Lux gekuckt. Mir ware beim Statsrot intervenéiert, dass e mat deem heite Projet och dem Här Lux seng Proposition de loi sollt ënnersichen.

De Statsrot huet eis awer geäntwert, dass déi Propositioun iwwer dat géing erausgoe wat hei virgesinn ass, an e kéim op déi Proposition de loi zréck, wann en de Rescht vum Gesetz géif aviséieren.

Déi Propositioun ass net verluer, an ech géif och mengen, dass den Auteur schonn derfir suerge wäert, dass se weider an der Diskussioun bleift.

M. Lucien Lux *(LSAP).-* Dir musst e kennen.

M. Paul-Henri Meyers *(CSV), rapporteur.-* Ceci étant dit stellen ech fest, dass d'Kommissioun unanimement d'accord war fir dee Projet de loi hei esou unzehuelen, an ech vu menger Säit géif och d'Chamber invitéieren, de Projet, esou wéi d'Kommissioun en zréckbehalen huet, ze stëmmen. Merci.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischt Riednerin ass d'Mme Marie-Josée Meyers-Frank agedroen. D'Wuert huet d'Mme Marie-Josée Meyers-Frank.

Discussion générale

Mme Marie-Josée Meyers-Frank *(CSV).-* Här President, Dir Dammen, Dir Hären, als alleréischt wëll ech dem Rapporter, dem Här Paul-Henri Meyers, fir seng Aarbecht am Kader vun deem virleiende Projet de loi 4867 merci soen.

Wéi den Här Meyers schonn ugekënnegt huet, ass décidéiert ginn, den Iwwerleeunge vum Statsrot Rechnung ze droen an den aktuelle Gesetzesprojet op ee Punkt ze limitéieren, an zwar dee vun der Eropsetzung vun de Familljenzoulagen.

De Projet de loi setzt fir d'véiert Kéier d'Familljenzoulagen erop. Ab dem 1. Januar 2002 ginn dës Zoulagen ëm 24,75 Euro, also ëm 1.000 Frang, pro Kand a pro Mount op den heitejen Index erhéicht. Den Här Rapporter huet dëst unhand vu Beispiller elo just zitéiert.

Enn August vun dësem Joer hunn 155.425 Kanner vun der Zoulag profitéiert. Nom Familljeministère sollen et der ongeféier 156.000 bis den 31. Dezember 2001 sinn, wat eng Progressioun vun 3,5% par rapport zum leschte Joer duerstellt. De Familljeministère rechent mat enger analoger Progressioun fir d'Joer 2002 a geet dovun aus, datt de jährleche Käschtepunkt bei 8.043.648 Euro Index 100, respektiv 48,5 Milliounen Euro Index 603,15 wäert leien.

Dës Kannergelderhéijung ass net déi éischt, déi mir an deene leschte Joren haten. Wat dës Moossname vun deene vun de Jore virdrun ënnerscheet ass d'Tatsaach, dass den aktuelle Projet de loi net virgesäit, d'Erhéijung vun de betreffenden Zoulagen un eng deementspriechend Upassung vum Steierbarème ze koppelen, wéi dat säit 1992 de Fall ass. De Plafong vun der Steiermoderatioun bleift bei 36.000 Frang pro Kand, wat ongeféier 892,5 Euro ausmécht.

Während den Diskussiounen an der Kommissioun ass et zu engem Meenungsaustausch komm iwwert d'Natur an d'Finalitéit vu Familljeprestatiounen, a wéi ee kënnt dat wichtegt Instrument vun der Familljepolitik nach méi effizient gestalten.

Wa keen an der Kommissioun dem Prinzip vun der Erhéijung vun der Familljenzoulag eppes ze widdersetzen hat, hunn awer déi eng oder aner Membere regrettéiert, datt de Projet net virgesäit, d'steierlech Abattementer fir Kanner, gläichzäiteg mat der Erhéijung vum Kannergeld, ze reduzéieren. Dat ass och d'Positioun vun der Chambre de Commerce a vun der Chambre des Métiers.

Ouni wëllen hei iwwert déi bescht Approche a puncto Familljepolitik a besonnesch Attributioun vum Kannergeld ze debattéieren, wëllt ech awer e puer Bemierkunge maachen.

D'Décisioun vun der Regierung, d'Kannergeld ze erhéijen ouni déi steierlech Abattementer fir d'Kanner ze reduzéieren, stëmmt mat der Regierungsdeklaratioun vum 12. August 1999 iwwereneen.

M. Lucien Lux *(LSAP).*- Dat ass kee staarkt Argument.

Mme Marie-Josée Meyers-Frank *(CSV).*- Jo. Ech erlabe mer d'Deklaratioun e bëssen ze zitéieren: "Les modérations fiscales d'impôts par enfant se situant actuellement à 36.000 francs par enfant ne seront pas modifiées."

D'Deklaratioun fiert weider: "Au cas où, dans le cadre de la réforme fiscale prévue pour le 1er janvier 2002, il serait décidé de ne plus maintenir un certain nombre d'abattements fiscaux, la suppression de ceux-ci pourrait, le cas échéant, être compensée pour les familles, soit par une augmentation de la modération d'impôts par enfant, soit par une augmentation des allocations familiales."

Et geet doraus ervir, datt d'Regierung konsequent bliwwen ass, an näischt aneschteres virgesäit, wéi dat, wat se ugekënnegt huet. De virleiende Projet de loi, deen an enker Verbindung steet zum Gesetzesprojet 4855 iwwert d'Steiererliichterung, dee mir gëschter an der Chamber gestëmmt hunn an dëst Gesetz am Fong complétéiert, huet déiselwecht Finalitéit wéi d'Gesetzer vum 23. Dezember 1992, vum 15. Dezember 1997 a vum 23. Dezember 1998, déi d'Familljeprestatiounen eropgesat hunn.

D'Finalitéit vun de Familljenzoulage war a bleift, eng gréisser sozial Equitéit a Gerechtegkeet ze erreechen a – gekoppelt un eng Steiererliichterung – méi Kafkraaft a méi Liewensqualitéit de Famillje mat Kanner ze bréngen.

Nieft der Erhéijung vum Kannergeld, déi ëmmerhin fir eng Famill mat engem Kand ee jährleche Bäitrag vun ongefëier 297 Euro ausmécht, ass och eng Steiererliichterung fir déi physesch Persoune vun der Regierung festgehale ginn.

D'Steiererliichterungen, déi gëschter an der Chamber gestëmmt gi sinn, setzen ee familljepoliteschen Akzent. Esou wéi een net sollt de virleiende Projet de loi, familljepolitesch, ze enk kucken, soll ee vum Gesetzesprojet 4855 och keng enk Visioun hunn. D'Familljepolitik ass vill vernetzt. Ofgesi vum Ausgläich vun der Kannerbelaaschtung fir d'Familljen, droen dës kombinéiert Moossnamen zu enger Verbesserung vun der Kafkraaft a vun der Liewensqualitéit vun den Haushalter bäi.

Mat dëse Moossname kritt jiddereen eppes. D'Famillje kréien eppes méi iwwert de Wee vun der Erhéijung vun de Familljeprestatiounen. Si kréien iwwert de Wee vun der Steierreform, déi mir gëschter an der Chamber gestëmmt hunn, hiert reellt Akommes verbessert.

D'Regierung wäicht vun hirer Orientéierung a puncto Familljepolitik net of. De Kompromëss mat der sou genannter horizontaler Approche vun der Problematik bleift bestoen. Fir mech ass dat och déi richteg Orientéierung, well se déi verschidden Approchen, déi theoretesch méiglech sinn, a Betracht zitt. Wann ee sech op een unilaterale Wee sollt beginn, wéi dat am Kader vun den Diskussiounen an der Kommissioun envisagéiert gouf, riskéiere mir, méi Illegalitéiten ze schafen, an dat solle mer jo évitéieren.

Ech sinn iwwerzeegt, datt d'Familljeprestatiounen hire familljepolitesche Charakter behale sollten. Wann een awer géif de Prinzip vun der Selektivitéit an eisem System aféieren, ee Prinzip, op dee Verschiddener am Kader vun dësem Gesetz agaange sinn, géife mer komplett d'Natur vun den Zoulagen änneren. Familljeprestatioune wieren an deem Kontext mat enger sozialer Hëllef gläichzesetzen. Mäi Fraktiounskolleeg, den Här Paul-Henri Meyers, huet schonn an der Kommissioun dorobber higewisen.

Et ass awer natierlech schwéier, all Elementer vun der sozialer Equitéit ze berücksichtegen. Ech kann den Aussoe vun der Mme Jacobs am Kader vun der Presentatioun vum virleienden Text nëmmen zoustëmmen. D'Familljeprestatioune stellen een ze enke Kader duer fir kënnen all Elementer ze consideréieren.

Fir datt de Solidaritéitsprinzip, deen de betreffenden Domäner zugronn läit, integral spillt, si Méiglechkeeten do. Et kënnt een zum Beispill iwwert de Wee vu punktuelle Modulatioune goen. Et ass nach verfréit, fir iwwert dës Méiglechkeeten ze schwätzen. De CEPS befaasst sech mat enger Etüd iwwert d'Transferts sociaux, déi am Ufank vum nächste Joer fäerdeg ass. Et soll ee fir de Moment den Dépôt vun dëser Etüd ofwaarden.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, zum Schluss vu menger Interventioun wëll ech nach eng Kéier kuerz op ee Punkt agoen, deen och mat der sozialer Equitéit a Gerechtegkeet ze dinn huet an deen a mengen An, als Finalitéit, een Ausgläich zu der Kannerbelaaschtung fir d'Famillje mat bescheidenem Akommes duerstellt.

Et ass d'Fro vun de Structures d'accueil fir d'Kanner, déi säit Ufank vun den nonzeger Joren, ënnert dem Impuls vun der Familljeministesch, massiv ausgebaut gi sinn. De Familljeministère gesäit fir d'nächst Joer ee Kredit vu 784 Millioune Frang fir d'konventionéiert Foyer-de-jouren an

d'Garderië vir. Fir d'Location de chaises ass ee Kredit vu 26,2 Millioune Frang virgesinn. Speziell dëse Kredit erlaabt et de Famillje mat bescheidene Revenuen, hir Kanner an enger net konventionéierter Crèche ënnerzebréngen, déi soss fir si onbezuelbar wier.

Et soll een och dësen a vill aner sozial Aspekter betruechten, wann ee gäre vun Equitéit a sozialer Gerechtegkeet schwätzt. D'Familljepolitik huet vill Facetten a vill Parameteren, déi ee muss a Betruecht zéien, fir eng Analyse ze maachen an eng global Approche ze kréien.

Ech soen lech merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Den nächste Riedner ass den Här Lucien Lux. Den Här Lux huet d'Wuert.

M. Lucien Lux *(LSAP).-* Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, ech bréngen direkt de Jo vun eiser Fraktioun zu deem virleiende Projet, an domat zu der Erhéijung vum Kannergeld ëm 1.000 Frang pro Kand a pro Mount. Dee Jo ass an eisen An mat der Noutwendegkeet vun der sozialer Stäerkung vun der Famill verbonnen, sief dat an der Koppel, a vläicht nach vill méi, wat vill Etüde jo weisen, bei alleng erzéiende Persounen.

En ass verbonne mat engem Jo zu der Noutwendegkeet, d'Ëmfeld weider méi kanner- a méi familljefrëndlech ze gestalten an ze stäerken.

En ass sécherlech verbonne mat engem Jo zu der individueller Handlungs- an Entscheedungsfräiheet déi jiddfereen huet; deem Choix, dee jiddfereen a sengem Liewe mécht, mä awer och der Tatsaach, datt jonk Leit d'Famill fir wichteg halen. All Sondagë weisen dorobber hin – dee leschten an der Bundesrepublik Däitschland huet gewisen, dass 80% vun de jonke Leit tëschent 16 a 24 Jor u sech Famill, also och Kanner a Beruff, zesumme wënschen –, an natierlech och verbonne mat der Tatsaach, dass eis Gesellschaft a villen Aspekter op dee Generatiounevertrag do baut, net nëmmen am Zesummenhang mat der Sécurité sociale, dem Ëmlageverfahren an der Finanzéierung dovunner.

Mä ech mengen och an deem Spill, wat sech an enger Gesellschaft mécht tëschent den Energië vun deene Jonken an der Erfahrung vun deenen Eeleren, baut sech dee Generatiounevertrag op, dee fir eis Gesellschaft an hir sozial Kohärenz wichteg ass.

Dat ass sécherlech net dem Natalismus d'Wuert geriet. Dat ass och kee réckstännege Langage, mä ech hunn d'lescht Woch schonn hei d'Beispill vun de skandinavesche Länner genannt, déi an de Statistike vun der EU weisen, dass si an zwou Kategorien un éischter Stell leien: engersäits bei enger héijer Féconditéit an anerersäits bei engem héijen Taux d'emploi féminin. Déi zwou Saache kënnen also parfaitement parallel matenee goen, wann een déi richteg Politik mécht, andeem een de Kader vun de Famillje stäerkt.

Ech wëllt am Ufank eng Bemierkung maachen, bei där ech mech selwer och an de Spigel wëll kucken, an zwar...

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).-* Maacht dat léiwer net!

(Hilarité)

M. Lucien Weiler *(CSV).-* Dat war eng Frechheet.

M. Lucien Lux *(LSAP).-* Da sidd elo fein.

...dass mer sollten oppassen, all Kéier wa mer iwwert d'Famill schwätzen, dat net ëmmer a Kategorie vu Suen, vu Finanzen a sou weider ze maachen. D'Famill ëmmer a Kriterien, ech iwwerdreiwen elo, vun Nout an Elend ze debattéieren, hannerléisst oft eng Ambiance vu Bedürftegkeet a vun Defizitärem, a virun allem och d'Annahm, dass d'Geld vum Stat verbonnen ass mat der Décisioun, Kanner ze kréien oder net, dass et eng Geldfro gëtt, iwwerhaapt dee Choix am Liewen ze maachen. Ech denken, dass dee Choix verbonnen ass mat vill Verantwortung, awer virun allem och mat vill Freed a mat vill Satisfaktioun, wat wäit iwwert d'Diskussioun vun de Suen erausgeet.

D'Familljepolitik ass natierlech och eng finanzpolitesch Fro, awer virun allem och eng vun der Vermëttlung vun engem positive Liewensgefill, vun enger Attraktivitéit, déi vill Felder vun eisem Liewen an dem Liewe vun de Famillen ëmfaasst.

Ech wëllt zu dem virleiende Projet dräi Bemierkunge maachen, engersäits bedauere – mä wann ee pro domo schwätzt, dann ass dat méi schwéier –, dass déi Proposition de loi, déi ech am Numm vun eiser Fraktioun deponéiert hunn, dee Wee bis heihinner haut net matfonnt huet, well d'Regierung keng Stellungnahm ofgouf a well de Conseil d'Etat dorophi gemengt huet, hien hätt keng Zäit méi fir och nach dozou zwee Sätz ze schreiwen. Ech mengen, dass mer sollte versichen, fir d'éischt emol unzefänken eis ënnerenee géigesäiteg ze respektéieren an där Aarbecht déi mer maachen, an duerfir ze suergen – dat soen ech net fir d'Kommissioun, well déi de Versuch gemaach huet –, dass mer dat och hei géife maachen.

Ech hoffen awer, dass d'Proposition de loi och d'Geleeënheet ginn huet, e bëssen Drock op d'Regierung ze maachen, fir dass mer déi Décisioun, déi mer jo schonn d'lescht Joer am November an am Dezember hei diskutéiert hunn, weiderféieren an deen Drock weidermaachen, deen – mengen ech – d'Aufgab vun der Oppositioun ass. Den Här Rippinger sicht jo permanent no den Alternativen, déi d'Oppositioun virleet. Ech mengen, an deem heie Gebitt hu mer eis Hausaufgabe gemaach an dofir gesuergt, dass mer en Débat konnten hunn, iwwert déi verschidde Meenungen, déi mir hei hunn, an op déi ech nach agoe wäert.

Déi éischt Bemierkung ass déi, wéi ech virdru gesot hunn, dass mer bei de Familljen net ëmmer iwwer Geld

schwätze sollen. Also, loosst eis ufänken iwwer Geld ze schwätzen.

D'Kanner sinn – an déi lescht grouss Etüd, déi an Däitschland gemaach ginn ass, de sou genannten Armutsbericht, beweist dat – oft en Aarmuttsrisiko. Den däitsche Kannerbond huet berechent, dass de Coût vun engem Kand vun der Gebuert bis zur Volljähregkeet mat ronn 20 Millioune Lëtzebuerger Frang berechent ka ginn. Och hei zu Lëtzebuerg weisen déi puer Etüden, déi mer hunn, besonnesch bei Elengerzéienden, dass d'finanziell Laascht vun de Kanner grouss ass, an datt dës Laascht oft dozou féiert, d'Familljen entweder ënnert de Seuil vun der Armut oder jiddefalls ganz no dobäi ze bréngen.

Déi lescht Etüd vum CEPS aus dem Januar vun dësem Joer weist, dass 4,5% vun de Familljen ouni Kanner um Seuil oder ënnert dem Seuil vun der Pauvretéit leien, awer 7,4% vun de Familljе mat Kanner um oder ënnert deem Seuil leien. Dat ass iwwregens an allen anere Länner ëmgedréit, do ass ëmmer den Taux vun deene Familljen ouni Kanner méi grouss, wéi dee mat Kanner. Domadder ass och direkt am Ufank gewisen – denken ech –, dass Familljen- a Sozialhëllefen noutwendeg sinn, well een nämlech an der CEPS-Etüd gesäit, dass ouni Familljen- a Sozialhëllefen, also virum Transfert social, 22,3% vun de Familljе mat Kanner zu Lëtzebuerg ënnert dem Seuil vun der Pauvretéit wieren. Zwee Drëttel vun hinnen échappéieren also der Aarmutt duerch déi Hëllefen, déi de Stat an deene villfältege Méiglechkeeten, déi de Rapporteur, de Kolleeg Paul-Henri Meyers hei genannt huet, opbréngt.

Et ass also gewosst, dass Kanner kaschten, genausou wéi och, dass de Calcul vun deem Coût do ganz vill Faktoren ëmfaasst an et dofir och ganz schwiereg ass, dee Coût genau erëmzeginn. Déi lescht Zuelen, déi een op deem Gebitt huet, sinn déi vum Bundesinstitut für Bevölkerungsforschung, deen zum Schluss kënnt, dass an engem Haushalt vun zwee Kanner 25% vun de Gesamtopwendunge vun der Familljen de Kanner zegutt kënnt. Dat ass jiddefalls déi lescht Etüd, déi versicht huet, all Faktoren, och vum Logement, der Schoul souwéi de Structure-d'accueilë wéi Crèchen a Garderien, mat an de Coût ze implizéieren.

De Caritas-Bericht iwwert d'Aarmutt hei zu Lëtzebuerg, dee virun e puer Deeg presentéiert ginn ass, confirméiert iwwregens, dass bei jonk Elteren, a besonnesch bei Elengerzéiend, mat dräi oder méi wéi dräi Kanner, de Risiko, duerch d'finanziell Laascht vun de Kanner an d'Aarmutt ze rutschen, ganz grouss ass. Dat weist also alles, dass mer e Bekenntnis ofleeë mussen zu enger volontaristescher Ëmverdeelung zugonschte vun de Familljen. Doriwwer gëtt et heibanne keng grouss Meenungsverschiddenheet, mengen ech. Mir mengen, dass och hei méi méiglech gewiescht wier, an dass een och den 1. Januar 2003, souwéi mer et proposéiert hunn, dee selwechten Exercice nach eng Kéier hätt maache kënnen, wann een e mat enger gläichzäiteger Erofsetzung vun der Modération d'impôt fir Kanner kombinéiert hätt. Dann hätt een de Coût étaléiere kënnen an et hätt een en duebelen Effort maache kënnen. Dat wier och meng zweet Bemierkung.

Grosso modo – an dat ass schonn ugedeit ginn – kann een dräi Approchë festhalen, wéi een d'Ënnerstëtzung vun de Famillje virhëlt. Déi éischt ass déi, déi mer mat dësem Gesetz maachen, nämlech de Cumul engersäits vum Kannergeld an op der anerer Säit dem Bäibehale vun der Moderatioun fir Kanner, déi mer bei 36.000 Frang loossen. Dat féiert dozou, dass e Kand u sech dem Stat net d'selwecht wäert ass, mä dass déi, déi besser situéiert sinn an déi Steiere bezuelen, duerch de Cumul vun deenen zwou Moossname besser ewechkommen, wéi déi aner. Dat ass nun eemol eng Tatsaach mat där mer eis mol ausenaner setze mussen.

Déi zweet Méiglechkeet wier gewiescht, eng akommesneutral Ëmverdeelung ze maachen, doduerch, dass – wéi mir et an dëser Legislaturperiod proposéiert hunn – een a weideren dräi Etappe vu 36.000 Frang d'Kannermoderatioun op null gefuer wier, fir also dem universelle Prinzip gerecht ze ginn, akommesneutral ze sinn an dofir ze suergen, dass dem Stat all Kand d'selwecht wäert gëtt an vun him d'selwecht finanziell considéréiert gëtt.

Déi drëtt Approche wier schlussendlech déi vun der Sélectivitéit. Dat heescht, dass een d'Kannergeld besteiert hätt – et ginn do eenzel Modeller proposéiert –, dass ee beim Kannergeld Palieren agefouert hätt, fir dofir ze suergen, dass een deene Familljen, déi et méi brauchen, wou d'finanziell Laascht an d'Gefor, doduerch an d'Aarmutt ze geroden, méi grouss sinn, méi ze hëllefen, wéi deene Famillje vu Besserverdéngenden, déi u sech op d'Kannergeld verzichte kënnten, oder jiddefalls drop besteiert kënnte ginn, fir dass eng méi gerecht Ëmverdeelung stattfënnt.

Mir ware mat der CSV an deene leschten zwou Legislaturperioden op engem gudde Wee, an ech soen nach eng Kéier, dass mir op deem Wee och weiderfuere wollten. Dofir war jo och eis Propositioun – an dat ass jo och am Rapport confirméiert ginn – domadder verbonne ginn, dass mer gesot hunn: Loosse mer zweemol deen Exercice op den 1. Januar 2002 an nach eng Kéier 2003 maachen, an en nach eng Kéier mat jeweils enger Erofsetzung ëm 12.000 Frang vun der Moderatioun koppelen. Dann hätte mer nach en drëtten Exercice gebraucht, fir op null ze sinn.

D'Reduzéierung also vun der Moderatioun d'impôt ass bei de Kanner vun dëser Regierung fale gelooss ginn. Mir bedaueren, dass dëse Wee net zu méi Gerechtegkeet, wéinstens net an dëser Legislaturperiod, geféiert huet. Wa mer dann déi nächst Etüd – et ass jo net déi éischt – zur Kenntnis huelen a beroden, dann hoffen ech, dass

mer mat där Etüd net datselwecht maachen, wéi mat all deenen aneren. Ech wäert dozou nach e puer Zitater maachen. Déi hu mer nämlech alleguer klasséiert a mer hunn näischt draus gezunn. Mir hunn zwar ëmmer alleguerte confirméiert, dass dat richteg war, wat do an deenen Etüd stung, awer mir maache just de Géigendeel weider. Mir hätte gehofft, dass mer an dëser Legislaturperiod déi akommesneutral Ëmverdeelung erreecht hätten. D'Regierung verléisst dëse Wee an dat ass an eisen Ae bedauerlech.

D'Inkohärenz tëschent den Aussoe vu fréier op deem heite Gebitt an deene vun haut, déi jäizt effektiv zum Himmel. Wann een dat noliest, dës Ongerechtegkeet och am Kontext vun der Steierreform, bei där vill dausend Familljen – an dat ass de Moie scho gesot ginn – eidel ausginn, da versteet een den Ëmstand, dass dat zu eise Virschléi souwuel beim Kannergeld wéi och beim Mindestloun gefouert huet.

Den Här Statsminister a Finanzminister huet eis gëschter versicht ze erklären, dass et u sech kee Lien géif ginn tëscht der Tatsaach, dass dës Famillje keng Steiere bezuelen, an der Noutwendegkeet vu soziale Begleitmoossnamen. Wann ech awer den Exposé des motifs vun dësem Gesetz liesen, stellen ech fest, dass e just de Géigendeel seet. Wann ech d'mandatéiert Spriecherin vun der CSV liesen, da seet déi och: "Dat heien hu mer och am Kontext vun der Steierreform gemaach." Wat war elo richteg? Dat vun haut? Ech ginn dovun aus, dass dat, wat d'Mme Meyers gesot huet, méi richteg a méi relevant ass, wéi dat, wat de Statsminister gëschter gesot huet. Ech mengen, dass et schonn e Lien gëtt, an deen ass an der Vergaangenheet och oft virgewise ginn.

Wann ech den Exposé des motifs liesen, deen à la base vun dësem Projet ass, an ech mech amuséieren an dee vun der leschter Augmentatioun liesen, déi den 1.1.1999 war, an déi mat enger Erofsetzung vun der Kannermoderatioun kombinéiert war, dann hunn ech d'Gefill, dass hei e Mataarbechter am Ministère et sech liicht maache wollt an einfach praktesch ofgeschriwwen huet, allerdéngs och déi ganz Argumentatioun, déi à la base vum Zesummespill ass vun der Erhéijung vum Kannergeld a vun der Erofsetzung vun der Moderatioun. Dat ass ganz escht. En zitéiert dann zum Beispill den Här Calot vun 1991, dee ganz prezis drop hiweist, dass et noutwendeg wär, déi zwou Saache mateneen ze maachen, dat wär de richtegen, de gerechtere Wee; en zitéiert dat nach eng Kéier a sou virun. E seet och – an dat ass ganz erstaunlech –: "Ces principes sont toujours d'actualité." An da kënnt awer herno eng aner Propositioun, da gëtt nämlech gesot, neen, dee Prinzip ass nämlech esou gutt,…

(Hilarité)

…dass mer e verloosse mussen, a mir loossen elo d'Erofsetze vun der Moderatioun ewech.

Och an deem zweeten Deel gëtt dann den Exposé vun 1998 zitéiert. Deen enthält précisément Argumenter dofir, dass een déi zwou Saache matenee mécht: "Ces deux mesures prises simultanément" – dat heescht d'Erhéijung vum Kannergeld op där enger an d'Erofsetze vun der Moderatioun op där anerer Säit – "permettront d'introduire le critère de sélectivité souhaité par la Chambre des Députés." Dat seet den Exposé des motifs vun dësem Gesetz, dat précisément d'Géigendeel mécht. Wéi gesot, ech hunn éischter d'Gefill, dass hei ee sech getommelt huet, an einfach gesot huet: "Komm mer huelen am Computer, am Textautomat…

(Interruptions et hilarité)

…den Text vun der leschter Kéier, da geet et méi schnell." Allerdéngs seet dee précisément eppes aneschtes aus wéi dat, wat mer haut décidéieren.

Dann ass natierlech och zréckzekommen op dat, wat d'RWI-Studie, dat ass jo déi lescht, déi mer op deem Gebitt gemaach hunn, erausfonnt huet. Ech zitéieren do net alles, mä si hält fest, dass et eben e Gruef gëtt, tëscht op där enger Säit deene Familljen, déi duerch d'Steieren an duerch d'Kannergeld duebel profitéieren, an deenen aneren. Si seet dann zum Schluss: "Zum 1. Januar 1999 wird die Kinderermäßigung und der RMG-Zuschlag um 12.000 Franken gekürzt und das Kindergeld um diesen Betrag aufgestockt, sodass der Graben zu einem Teil ausgefüllt wird." Dat war do d'Analys an d'Konklusioun vun der RWI-Etüd, déi – wéi ech gesot hunn – och klasséiert hunn. Mir hätte besser eis dat Geld fir déi deier Etüden ze spueren, wa mer dorauser keng Konsequenzen zéien.

De Budgetsrapporteur, deen d'Chance hat fir d'RWI-Etüd ze kommentéieren, war de Kolleeg Fränz Biltgen. Wann een do noliest, wat deemools am Budgetsrapport als Konklusiounen, souwuel vun der Familljekommissioun, wéi och vun der Budgets- a Finanzkommissioun, erausgezu ginn ass, da stellt ee fest, dass de Rapport vun der Commission de la Famille "cité plus haut a expliqué explicitement le pourquoi de l'approche verticale, qui lui semble la seule sociablement équitable". Dat war d'Konklusioun vun der Familljekommissioun. De François Biltgen kënnt zu der Konklusioun, déi ech lech virliesen, well se gutt ass, och wa mer haut de Géigendeel maachen: "Si l'étude parle de fossé entre les ménages à revenu peu élevé, ne pouvant pas bénéficier des abattements fiscaux, et les ménages à revenu moyen et élévé, la voie décrite ci-avant peut faire disparaître ce fossé." Dat heescht, déi zwou Saache soll ee matenee maachen. "Il suffirait", schreift de François Biltgen dann, "de refaire la même opération encore trois fois. En fait, chaque enfant devrait avoir la même valeur." Déi Prinzipie si, wéi gesot, esou

gutt, dass mer elo de Géigendeel maachen. Mir verloossen also dee Wee, deen deemools vu jiddferengem fir richteg fonnt ginn ass.

De Moie mécht de Kolleeg Luc Frieden eis de Pleséier fir hei ze sinn an d'Mme Jacobs, déi am Ausland weilt, ze vertrieden. Hien huet och a sengem Budgetsrapport fir 1997 – wann ech et elo gutt am Kapp hunn – a senge Préliminairen dofir plädéiert, eng Rei vu soziale Transferten, déi mer maachen, – en zielt och d'Kannergeld op – dass mer also, ech zitéieren: "Le Rapporteur souhaite réaffirmer l'obligation pour l'Etat de venir en aide aux couches sociales défavorisées. Il estime toutefois nécessaire d'étudier en profondeur, si la croissance de certaines dépenses sociales ne pourrait pas être freinée en introduisant plus de justice sociale et de sélectivité pour certaines d'entre elles."

Ech mengen, loosse mer lo ophale mat Zitater aus der Vergaangenheet. Ech wëll just soen, dass gewiichteg mandatéiert Spriecher vun der CSV an de Joren 1997, 1998 an 1999 an och an den Exposé-des-motifen, déi vu CSV-Ministeren deponéiert gi sinn, der Meenung waren, datt deen eenzegen, gerechte Wee dee wär, dass mer nach weider dräi Etappe gemaach hätte vun, op där enger Säit, Erhéijung vum Kannergeld an, op där anerer Säit, Erofsetze vun der Moderatioun. Dat ass dohinnergestallt ginn als deen eenzegen, gerechte Wee. D'Regierung huet dee Wee verlooss, a mir bedaueren dat. Mer hätten et soss fäerdeg bruecht, dës Iddi, déi mer also fir d'éischt 1993, an dann 1998 an 1999 haten, an zwar och op Basis vun deem, wat den Här Calot, den RWI, de Wirtschafts- a Sozialrot zu deem Sujet gesot hunn, och ze realiséieren.

Lo gesäit et esou aus, dass mer also allen Etüden zum Trotz, dee Wee verloossen.

Dat soll verstoen, wie wëll. Et freet sech also, och wann een déi Aussoen do alleguer liest, ob dat nom Prinzip leeft: Was interessiert mich der Schnee von gestern oder wat kraazt mech mäi Geplappers vu virun zwee oder dräi Joer. Ech stellen och d'Fro, wie bei de Koalitionsverhandlungen dee war, deen drop gehalen huet, datt mer dee Wee verloossen. Ech hunn déi lescht zwee Deeg de Versuch gemaach, fir dat erauszefannen. Dat war ganz schwéier. D'Leit hu sech ganz bedeckt gehalen, well och d'Demokratesch Partei 1998 e familljepolitesche Pobeier presentéiert huet, wou eng ganz Rei vun interessante Virschléi dran enthale waren. Ech wëll och do nëmme virliesen, wat an de Prinzipie vun deem Pobeier enthalen ass: "Le DP est d'avis que toute politique familiale doit donner au citoyen confiance dans son existence matérielle et sociale. Selon les principes d'une politique sociale bien comprise, les moyens financiers pour soutenir les familles doivent être répartis de manière ciblée afin que l'aide revienne à ceux qui en ont réellement besoin." Dat war de Prinzip ënnert deem d'Demokratesch Partei hir familljepolitesch Virschléi geluecht huet.

Och do maache mer, wéi gesot, hei eppes a loosse mer et festhale, dass mer et da maaachen, well d'Urgence ze hëllefe lo ginn ass. Wa mer déi nächst Etüd, déi Ufank des Joers publizéiert soll ginn, da virleien hunn, hoffe mer, dass mer zu där Diskussioun do kommen. Ech hunn d'Regierung virun dräi Méint schonn interpelléiert, fir dass mer dann deen Débat iwwer eng cibléiert, selektiv, gerecht Ëmverdeelung vun den Transfert-socialë féieren. Ech war och d'accord mat der Mme Ministesch fir déi Interpellatioun virzehuelen, wa mer déi Etüd virleien hunn, well mer soss Gefor lafen, deeselwechten Exercice no e puer Méint nach eng Kéier maachen ze mussen.

Ech hat mer och op Grond vun all deenen Aussoen, déi ech hei opgezielt hunn, grouss Hoffnunge gemaach, dass mer dës Kéier en anere Wee goe géifen. Mir hunn nach derbäi zweemol hei driwwer diskutéiert, eng Kéier de 16. November 2000, d'lescht Joer bei der Diskussioun iwwert d'sozial Begleitmoossnamen zu der Steierreform. Den Här Weiler hat mer grouss Hoffnunge gemaach, well en a senger Stellungnam deemools gesot huet, mir wäerten d'Kannergeld erhéijen, mä mir wäerten och an dësem Beräich eis net op eng Erhéijung vum Kannergeld beschränken. Lo maache mer net méi wéi just dat doten. En huet och dono gesot, dass mer eis prett hale sollten, fir vill Imaginatioun, déi d'Regierung un den Dag leeë géif, wa se hir Propositiounen zum Kannergeld virleeë géif. Mir haten eis dorophin e bësse méi erwaart, wéi eng Erhéijung vun 1.000 Frang pro Kand pro Mount.

Kuerz drop hu mer an der Chamber nach eng Kéier doriwwer diskutéiert. Den Här Weiler ass dunn nach e bësse méi prezis ginn. Dat war de 15. Mäerz 2001, wéi mer d'Proposition de loi vun eiser Fraktioun hei bei der Presentatioun diskutéiert hunn. Den Här Weiler huet Folgendes gesot: "Ech hat am Dezember vun der familljepolitescher Fantasie vun dëser Regierung geschwat a gesot, dass mer eis virstellen, dass beim Kannergeld Mesurë proposéiert géife ginn, déi méi wäit ginn, zum Deel och selektiv, dat kënnt an der Propositioun vum Här Lux eraus." Dat waren d'Aussoe vum Här Weiler: "Méi selektiv, méi wäitgoend." Mir bleiwe lo wäit ënnert deem, wat mir proposéiert hunn, a vu Selektivitéit ass keng Spuer. Also, d'Fantasie vun dëser Majoritéit beim Kannergeld huet de Summer net iwwerlieft. Mir fueren also weider, wie gehabt.

Och an den Avisë vun de Chambre-professionnellë stellt ee fest, dass d'Regierung net op Zoustëmmung trëfft. D'Chambre du Travail geet nach eng Kéier op hire Modell an, fir d'Kannergeld ze verduebelen an ze besteieren. Dat sinn Elementer, déi liicht an d'Richtung gi vun deem, wat och d'Demokratesch Partei an hirem Pobeier vun 1998 gesot huet, fir de Ciblage iwwert dee Wee ze erreechen. Ech muss och soen – une fois n'est pas coutume – …

(Interruptions)

Mer si jo do fir dat ze kucken. Soss brauche mer jo hei net ze diskutéieren.

Une fois n'est pas coutume, hunn d'Chambre professionnelle patronale, d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers richteg argumentéiert. Virun engem Joer hat ech se hei am Zesummenhang mam Mindestloun e bëssen hefteg ugepaakt, dës Kéier muss ech feststellen, dass si jiddefalls an deem heite Gebitt der Meenung sinn, dass mer déi zwou Saachen och kombinéiert hätte maache sollen. Mir hätten also d'Kannergeld erhéijen an d'Moderatioun d'impôt ëm deeselwechte Montant erofsetze sollen. Si zitéieren iwwregens och do d'Recommandatioune vum Wirtschafts- a Sozialrot, deen unanime och an déiselwecht Richtung a sengem Avis plädéiert huet. D'Chamber vun de Privatbeamte schlussendlech ass och der Meenung, dass dee Ciblage do noutwendeg ass, a proposéiert nach eng Kéier hire Modell vun der Negativsteier. Mä och do ass jo gewosst, dass de Statsminister de Wirtschafts- a Sozialrot an enger Saisine ëm en Avis gefrot huet, dee mer also och ofwaarde mussen.

Mir lafe just Gefor – an dat ass meng Konklusioun bei all deem an ech bezéien och déi vierëscht Regierung mat an –, dass mer vun Enn der achtzeger Jore vu ville Säiten ëmmer datselwecht gesot kréien: Mir sollten driwwer nodenken, wéi cibléiert mer eis Tranfert-socialë maachen. Dat hu mer a villen Etüden – RWI, Wirtschafts- a Sozialrot, Calot asw. – gesot kritt. Mir maachen elo erëm eng Saisine. Mir lafe Gefor, datt mer während fofzéng Joer hei alleguer praktesch an de Parteien datselwecht soen, awer ëmmer de Géigendeel maachen. Dës Kéier hoffen ech dann, dass, wa mer d'nächst Joer iwwert déi neist Etüd diskutéieren, mer och wierklech Konklusiounen draus zéien, déi eis och zu Moossname féieren, déi deem dann och gerecht ginn.

An et nëtzt näischt, dass mer all Joer vun all Budgetsrapporteur vun de Regierungsvertrieder an och vu villen Orateure beim Budget dat gewësse Lamentéiren iwwert d'Héicht vun eisem Sozialbudget hei veranstalten. Et nëtzt och näischt, dass mer all Joer beim Budget d'Lamentéieren héieren, iwwert de Géisskaneprinzip, mat deem mer mat der Strenz iwwert d'Land fueren an net kucken, wien et da wierklech néideg huet a wien et manner néideg huet. Dat nëtzt alles näischt, wa mer dann nom Lamentéieren déi Woch drop Gesetzer stëmmen, déi just de Géigendeel maache.

74% vun allen Transferten, déi hei am Land gemaach ginn, ginn u Kanner aus Familljen, déi iwwert der Aarmuttsgrenz leien. 74% ginn hei am Land geriicht u Kanner, déi driwwer leien. Ech zitéiere Kalifornien, well de CEPS dee Verglach gemaach huet. Kalifornien läit do bei 13%. Ech hoffen, dass mer déi Diskussioun, déi mer d'nächst Joer hoffentlech féiere mussen, och féieren, an zwar esou, dass et net nëmme l'art pour l'art ass, mä dass mer eppes doraus zéien, wat Kapp a Fouss huet.

Ech wëll eng drëtt, kuerz a lescht Bemierkung maachen. Ech hu scho gesot, bei de Famillje soll "L'argent n'est pas tout." gëllen. Mir mussen eng Politik maachen, déi vill eenzel Melodien a Faktore mat implizéiert, fir dass doraus eng Musek gëtt, déi de Familljen escht eppes bréngt. Dat ass sécher wouer a méi wéi noutwendeg beim Logement am Moment. Ob déi Virschléi, déi d'Regierung dës Woch gemaach huet, duer ginn, musse mer diskutéieren an analyséieren, wa mer jo deen Débat d'orientation iwwert de Logement hei am Ufank vum nächste Joer féieren.

Et ass sécherlech noutwendeg an der schoulescher Ënnerstëtzung. Iwwert d'Pisa-Etüd schwätze jo lo an dësem Land Bildungsexperten, do muss ee sech zréckhalen, wann ee sech an der Gilde do doheem fillt.

(Interruption)

Wann een awer véierzéng Joer President vun enger Schoulkommissioun ass, mengt een, dass mer och emol iwwert de Poids, deen dat fir d'Elteren duerstellt – d'Schoul, doheem – diskutéiere missten. Wann ech héieren, das iwwert d'Noutwendegkeet an d'Bedeitung vun den Hausaufgabe geschwat gëtt, da géif ech gäre wëssen, wat déi Leit, déi dat soen, soe géifen, wa se d'Realitéit an de Familljen an och bei Auslännerfamillje kucken, wou keen doheem ass, dee sech drëm këmmere kann, fir de Kanner bei den Hausaufgaben ze hëllefen. Do sinn d'Hausgaben all Dag en Dram, do ginn all Dag Tréine vergoss.

(Interruptions)

Wann d'Kanner dann an d'Schoul ginn ouni Aufgabe gemaach ze hunn, well keen doheem fäerdeg bréngt hinnen ze hëllefen, an dofir och nach eng Strof kréien, dann ass dat e Cercle vicieux an eng grouss Belaaschtung. Mir mussen, wa mer iwwer eis Schoulsystem schwätzen, och iwwert d'Realitéit an de Familljen schwätzen, fir erauszefannen, wat do ze maachen ass.

(Interruptions)

Dat war elo eng Meenung vun engem Net-Qualifizéierten. Ech hunn et eng Kéier soe mussen. Ech hunn et schonn esou oft an der Interna vun eiser Partei gesot, et huet eng Kéier eraus mussen. Lo ass et mer awer besser.

(Interruptions)

Ech mengen och, an d'Mme Meyers huet dat zum Schluss gesot, dass d'Noutwendegkeet vum Encadrement familial am Zesummenhang mat Structures d'accueil, mat Crèchen a Garderien, ganz grouss ass. Et ass do de Verdéngscht vu villen, och vun der Mme Jacobs, déi nach eng Kéier Pressioun um kommunalen Niveau mécht, a vun enger ganzer Rei vu Gemengen, dass do grouss Efforte an deene leschte Jore gemaach si ginn. D'Hoffnung, dass déi Efforten an där Richtung weiderginn, ass grouss. Och do musse mer oppassen, wéi den Avis vun der Caritas an – ech mengen och – e Communiqué vun der ASTI vun der leschter Woch soen, dass mer de Coût vun de Structure-d'accueilen, vu Crèchen a Garderien, matrechnen, fir dass mer net op där

enger Säit eppes Guddes maachen an op där anerer Säit d'Gefor lafen, dass de Coût vun deene Moossnamen, déi eigentlech hëllefe sollen, just dozou féieren, d'Familljen an d'Aarmutt ze dreiwen. Am Saarland ass d'Landesregierung sou wäit, fir déi Struktur gratis unzebidden, well se der Meenung ass, dass se haut am Fong Partie intégrante vun enger neier Schoul vum 21. Joerhonnert duerstelle soll. Mir mussen eis och Gedanke maachen, wéi mer an déi dote Richtung goen an och d'Selektivitéit aféiere kënnen. Deen Débat gëtt jo an eenzelne Gemengen gefouert, wéi Réid an och an der Stad Lëtzebuerg, wou et och eng vun den Diskussioune war a wou de Verglach gemaach ginn ass, vun dem Coût vun der Stad Lëtzebuerg mat deem vun de Structure-d'accueile vun der Gemeng Beetebuerg.

(Interruptions)

Ech si mam Här Mosar, mat deem ech gëschter kuerz diskutéiert hunn, d'accord a soen, mir sollten déi Familljen, déi dat bezuele kënnen, dat och bezuelen doen. Mä mir sollten dofir suergen, datt déi Familljen, déi do Schwieregkeeten hunn, déi kleng Léin hunn an zu zwee schaffe mussen, iwwert dee Wee net "Nee" soe mussen an datt déi dann net aner Weeër siche mussen, déi net esou gutt a professionell sinn.

Ech hunn awer an der Tëschenzäit, Här Mosar, mol ausgerechent, wat dann de Stonneloun an där Gemeng Beetebuerg, déi do als Beispill ervirgehuewe ginn ass, ausmécht. Ech hu festgestallt, dass, wann een an der Gemeng Beetebuerg an der Structure d'accueil, am Oktober, engem reelle Mount, deen ech ausgerechent hunn, 137 Stonnen an der Betreiung war, mat lessen a mat Hausaufgabenhëllef asw., da bezilt een 13.088 Frang de Mount. Dat maache 95 Frang d'Stonn aus. Mat den Abattemente landen déi, déi méi bedürfteg sinn, bei engem Stonnepräis vu 46 Frang. Ech weess net, ob dat nach ze vill ass. Ech mengen, do sollten d'Gemengen alleguer net versichen, deen een deen aneren ze iwwerbidden, mä derfir suergen, dass mer hei Präisser kréien, déi wierklech och deem entspriechen a sou selektiv sinn, dass se de Familljen och hëllefen.

Konklusioun ass, dass mer dës Erhéijung natierlech mat stëmmen. Mir hätte gehofft, dass mer dem Wee vun der akommesneutraler Ëmverdeelung nach e Step weidergaange wären; dat, mengen ech, wär méi richteg gewiescht. Mir waarde mat vill Ongedold op déi neist Etüd an hoffen, dass mer dorauser dann déi richteg Konklusioune fir d'Zukunft zéien.

Merci!

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Emile Calmes agedroen. Den Här Calmes huet d'Wuert.

M. Emile Calmes *(DP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och ech wëll dem Rapporteur félicitéiere fir säi gudde Rapport, deen en hei gemaach huet.

Ech wëll och soen, datt d'familljepolitescht Instrument vum Kannergeld haaptsächlech do ass, fir d'Akomme vun de Famillen, a besonnesch vun de Famille mat méi Kanner, eropzesetzen. Dëst nom Prinzip op där enger Säit vun der Equitéit, awer och vun der sozialer, a virun allem dovun, Gerechtegkeet.

Verschidde Rapporten an Etüden – sief et de Rapport vum Professer Calot, d'Etüd vum CEPS iwwert d'Akommes vun de Lëtzebuerger Stéit oder den Avis vum Conseil Economique et Social – hu gewisen, datt de Liewensniveau vun de Familljen am Allgemengen a virun allem vun deene Famillje mat niddregem Akommes staark erofgeet, an dat a Fonktioun vun der Unzuel vun de Kanner.

Den Objectif vum Kannergeld, grad esou wéi dee vun deenen anere Familljenzoulagen, ass also dee vun der Kompensatioun vun dem méi u Käschten déi entstinn, well ebe Kanner do sinn. An anere Wierder, e soll d'Degradéierung vum Liewensniveau vun de Familljen, déi si wéinst hire Kanner hunn, ofschwächen.

Et kann een a sech och e puer Mesurë maachen. Op där enger Säit kann een et iwwer Familljenzoulage maachen, et kann een et awer och op där anerer Säit iwwert de Wee vu steierleche Moossname maachen an et kéint een och eng Kombinatioun vun deenen zwee virgesinn. Et ass och dat, wat mir 1997 an eisem Pabeier proposéiert haten, nämlech fir déi Akommessen, déi ënnescht Akommessen, d'Degradatioun, duerch Presenz vu Kanner am Stot, iwwert de Wee ze maache vu Familljenzoulagen. An deenen ieweschte Revenuen hate mir sengerzäit proposéiert, et iwwert de Wee vun de Steierreduktiounen ze maachen, fir och eng gewëssen Equitéit ze halen zwëschent deene Stéit an den ieweschte Revenuen, déi Kanner hunn an och deenen, déi keng Kanner hunn. An an der Mëtt géif dat Ganzt sech begéinen iwwert de Wee vun dësen zwou Méiglechkeeten.

Och eise Pabeier steet nach ëmmer a soll ee Beitrag sinn zu deem, wat soll diskutéiert ginn, an op den Historique vun all deem wëll ech selbstverständlech elo net zréckkommen, well dat vu menge Virriedner scho gemaach ginn ass.

Trotzdeem, am Respekt vum Prinzip vun der Equitéit muss et, mengen ech, awer och an Zukunft nach méiglech bleiwen, datt de Surplus u Chargen, déi eng Famill mat Kanner huet, och iwwert de Wee vun der Fiscalitéit ze erreechen ass. Et ass och duerfir a mengen Aen ze begréissen, dass d'Regierung décidéiert huet, dës Erhéijung vum Kannergeld net mat enger Erofsetzung vun der aktueller Steiermoderatioun ze kombinéieren. Dës Moderatioun, déi läit haut bei 36.000 Frang pro Kand d'Joer. Domat ass d'Regierung sech a sech konsequent bliwwen zu deem, wat se 1999 an hirer Regierungserklärung gesot huet. A kuckt een och emol eng Partie Tabellen no, sou zum Beispill am Avis vum Statsrot iwwert d'Steierreform, da kann een do

liesen, datt zum Beispill nëmmen – entre guillemets – 7,7% vun de Koppele mat Kanner keng Steiere bezuelen, dat heescht de Rescht, déi grouss Majoritéit, an dat mussen net onbedéngt ëmmer héich Revenue sinn, dat kann ee jo och an där Tabell noliesen, kann also och nach vun deene Modérations d'impôts profitéieren.

Da vläicht nach e Wuert iwwert d'Exportabilitéit vun de Familljeprestatiounen, ech mengen doriwwer misst ee sech och eemol am Fong ënnerhalen. Dësen Aspekt vum Kannergeld huet natierlech vill Facetten. Fir déi Leit, déi hei bei eis an d'Land schaffe kommen, huet Lëtzebuerg keng Ausbildung misse bezuelen, mir mussen och net opkomme fir d'Finanzéierung vun hire Kanner an hirer Ausbildung. Et ass awer och ee Fait oder eng Tatsaach, dass, wann een de Rapport vun der Caisse de Prestations Familiales vun 1998 noliest, ongeféier 21% vun dësen Allocatiounen an d'Ausland exportéiert ginn. D'Tendenz ass einfach doduerch steigend, datt d'Kannergeld bei eis ëmmer méi héich gëtt an den Ecart par rapport zu eisen direkten Nopeschlänner ëmmer méi grouss gëtt. Ech erënneren drun, datt 1997 dëst nach 17% waren.

Et si virun enger Zäit Propositioune gemaach ginn, dat war sengerzäit eng Propositioun vun der Statsbeamtegewerkschaft, déi sengerzäit proposéiert huet, mat enger eenzeger substanzieller Allocatioun deene jonke Famille mat Kanner entgéintzekommen. Déi Propositioun huet geheescht portant création d'une allocation à l'investissement familial, déi a sech de Famille bei der Uschafung vun engem Haus oder engem Appartement, enger Wunneng, am Allgemenge wollt mat enger substanzieller Hëllef entgéintkommen. Sengerzäit ass déi Propositioun a sech e bësse belächelt ginn, et war och vläicht richteg zu där Zäit, mä et weess een awer och, datt haut d'Präisser vun de Logementer awer och eng substanziell Hausse matgemaach hunn. Sécher kéint een de Problem vun der Wunnengsbaupolitik iwwert dee Wee hei léisen. Et misst een, wann een iwwert déi zukünfteg Ausriichtung vun der Familljenzoulagepolitik diskutéiert, den Aspekt vun de Wunnengen awer och hei mat eranhuelen. Dat géif eis erlaben, awer eng Partie méi Gelder hei am Land ze halen an och deenen zegutt kommen ze loossen, déi et wierklech brauchen.

Ech géif dann, Här President, nach wëllen op eng aner Propositioun vun der Demokratescher Partei zréckkommen, déi mer schonn 1994 gemaach hunn, nämlech déi vun der Negativsteier. Déi ass gëschter vu mengem Fraktiounschef hei ugesprach ginn an engem anere Sënn, wéi ech dat elo wëllt maachen.

D'Negativsteier ass eng Méiglechkeet, fir a sech all déi Familljenzoulagen, déi mer elo hei ginn, an engem gesamte Package ze regruppéieren. All sozial Transfertleeschtunge géife sech an engem eenzege System integréiere loossen, dat géif enger grousser Aspuerung vu personellem a sachlechem Opwand fir d'Berechnung, d'Ausbezueleung an d'Kontroll awer och gläichkommen.

Ech erënneren un déi 4.000 Appelle bei der Kannergeldskeess, déi all Dag – et ass jo esou – net kënne beäntwert ginn. Dat huet jo natierlech domat ze dinn, datt mer sou vill Kannergeldzorten hunn. Dat huet wahrscheinlech och domat ze dinn, datt et ëmmer méi Tranferten an d'Ausland ginn an déi Leit, well se och net wëssen, do dermat ëmzegoen, e Récksproch huelen. Also eng Vereinfachung, menger Meenung no, géif sech hei opdrängen, ob dat iwwert de Wee vun enger Negativsteier geet oder ob dat de Wee vun engem Regruppement vun deenen eelef Familljenzoulagen a méi eng reduzéiert Form ass, ass a sech egal.

Mat enger Negativsteier géife mer awer och de Risiko évitéieren, datt et duerch d'Hiewung vum Seuil d'exonération d'impôts zu enger Rupture de symétrie sociale kënnt, wéi d'Privatbeamtekummer et d'lescht Joer nennt, well ëmmer manner Stéit hei zu Lëtzebuerg dach awer an de Genoss vun de proposéierte Steierreduktioune komme kënnen. Dëst betrëfft éischter de Beräich vun de Familljeprestatiounen. Et kann een awer nach aner Avantagen an dësem System fannen.

De Gang zum Beispill op d'Sozialamt fir finanziell Hëllef unzefroen, dee fir vill Leit jo awer humiliant ka sinn, gëtt duerch ee geregelte System ersat, dee fir jiddferee gëllt an a sech net diskriminatoresch ass.

Der Problematik vum Ënnerscheed zwëschent dem RMG an dem Salaire social minimum fir Travailleurs non qualifiés, dee grouss genuch si muss, fir dass d'Aarbecht finanziell attraktiv bleift, géife mer och mat dësem System aus dem Wee goen.

De Fait, dass een trotz finanzieller Ënnerstëtzung vum Stat enger Aarbecht nogoe wëll, gëtt a sech net bestrooft, et verléiert een net komplett d'Recht op eng finanziell Hëllef vum Stat, mä am Géigendeel, esou Efforte ginn unerkannt an honoréiert. Esou gëtt een Ureiz geschafe fir op seng eege Féiss stoen ze kommen an net komplett vum Sozialstat ofhängeg ze ginn.

D'Negativsteier gëtt vill diskutéiert, permanent diskutéiert. Si huet zwar nach a kenger Législatioun vu kengem Land Agank fonnt. Anscheinend ass dat eenzegt Land, wat no un eng Negativsteier erukënnt, Neuseeland. Do gëtt et ee Modell, mä dat ass awer dat eenzegt Land an et ass duerfir och normal, datt de Conseil Economique et Social gefrot ginn ass, fir een Avis iwwert esou eng Negativsteier opzestellen. Esou een Avis ass sécher een interessanten a weidere Beitrag nieft deenen all, déi den Här Lux och scho virdrun hei ernimmt huet zu där Diskussioun, déi mer dann an Zukunft wëlle féieren.

D'Demokratesch Partei huet an der Vergaangenheet och ëmmer verlaangt, dass soll eng Etüd gemaach ginn iwwert d'sozial Transferten hei am Land. Déi Etüd, di viru kuerzem gemaach ginn ass, déi sou genannt RWI-Etüd, huet a sech an där Hinsicht keng Satisfaktioun ginn, well se zu engem Deel net komplett ass a well se zu deem

aneren Deel sech éischter op eng Bestandsopnahm begrenzt huet. Dofir ass et a sech ze begréissen, datt, och am Respekt vum Regierungsprogramm, d'Regierung den CEPS mat enger Etüd befaasst huet iwwert deeselwechte Sujet. En éischten Deel vun där Etüd läit jo scho vir, een zweeten Deel soll Enn Dezember nokommen. Dann ass et ze begréissen – an den Engagement ass jo och do –, datt mer an der zoustänneger Familljekommissioun nach eemol d'Käpp zesummestrecken, fir iwwert eng zukünfteg Ausriichtung vun der Familljepolitik hei zu Lëtzebuerg ze diskutéieren.

Mä bis dohinner ënnerstëtzt d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei d'Regierung an hirer Décisioun, d'Hëllefen zu Gonschte vun de Familljen ze verstäerken, an domat bréngen ech dann och den Accord vun eiser Fraktioun a soen lech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Aly Jaerling agedroen. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(ADR).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och ech wëll am Numm vum ADR dem Här Rapporteur félicitéiere fir säin detailléierte Rapport.

Ech mengen et ass kloer, datt een all Initiativ, déi am Interesse vun de Familljen agefouert gëtt, nëmmen ënnerstëtze kann, och wann dat, wat agefouert gëtt, net elo onbedingt deenen eegenen Iwwerleeungen a Fuerderungen entsprécht.

Ech wëll awer hei bedaueren, datt de Projet de loi 4867, deen eigentlech fënnef Voleten hat, am leschte Moment huet misse gesplitt ginn, well déi néideg Dossieren net konnte rechtzäiteg evakuéiert ginn, an elo just de Volet Kannergeld hei behandelt gëtt an net dat Ganzt.

All déi aner Voleten, wéi zum Beispill iwwert d'Allocation rentrée scolaire, Prêt fir jonk Bestuetener, Allocation d'éducation, Congé parental a Congé pour raisons familiales, déi Dossiere konnte leider net evakuéiert ginn. Se sinn awer am Zesummenhang mat der Familljepolitik grad esou wichteg wéi dee vum Kannergeld.

Et ass iwwerhaapt onverständlech, dass mer ëmmer, sief et kuerz virun der Summervakanz oder virun Enn vum Joer, compriméiert Ordres du jour hunn an am Laf vum Joer oft net tagen, well keng Dossiere preparéiert sinn.

De Statsrot konnt sech am Zesummenhang mam Projet 4867 nëmmen zum Volet Kannergeld äusseren, well fir déi aner Volete keng Avise virlungen an och d'Zäit him ze kuerz war.

Do muss ee sech effektiv froe firwat dat esou ass, well d'Donnéeën, fir déi Dossieren ze preparéieren an ze evakuéieren, si jo awer laang genuch bekannt gewiescht.

Här President, d'Erhéijung vum Kannergeld ëm 1.000 Frang begréisse mir als ADR selbstverständlech och, mä erlaabt mer awer e puer Bemierkungen hei virzebréngen, wat déi sozial Komponent vun där Mesure do ubelaangt.

Mir hätten als ADR léiwer gesinn, datt mat der Erhéijung vum Kannergeld ëm 1.000 Frang de jährleche Kannerfräibetrag bei de Steiere gläichzäiteg awer dann och ëm 12.000 Frang reduzéiert gi wier, esou wéi dat bei der vireschter Erhéijung vum Kannergeld de Fall war.

Dëst wier vill méi sozialgerecht a géif och dozou féieren, datt ee Kand esou vill wäert wier wéi dat anert, wéi mer dat als ADR scho säit jeehier an eisem Programm verlaangen.

(Interruptions)

Wann een de Fräibetrag nämlech net senkt, da profitéieren déi, déi vill verdéngen a Steiere bezuelen, zweemol vum Kannergeld, eemol direkt an eemol iwwert d'Steierreduktiounen. Déi, déi keng Steiere bezuelen, well se ze wéineg verdéngen, kréie just Kannergeld.

Wann een d'Abattementen an deem Sënn géif ofschafen, esou kéim dat der Iddi vun der Negativsteier, déi mir als ADR als eenzeg Partei seit Jore fuerderen, vill méi no.

Mäi Parteikolleeg, den Här Henckes, huet gëschter hei eis Iddien iwwert d'Negativsteier virbruecht a kloer beluecht, datt dat deen eenzeg richtege Wee wier, fir Leit mat klenge Revenuen, déi keng Steiere bezuelen, kënnen iwwert dee Wee vun der Ëmverdeelung vun de Räichtimmer ze bedeelegen.

Duerfir wier et méi richteg gewiescht, bei der Erhéijung vum Kannergeld, d'Abattementer ëm dee gläiche Montant ze reduzéieren.

Et wier och wichteg, d'Kannergeld an Zukunft weider ze erhéijen an déi steierlech Abbattementer ganz ofzebauen, eréischt da kënnt ee soen, datt ee Kand esou vill wäert ass wéi dat anert.

Mir gesinn als ADR d'Famill als de Kär vun der Gesellschaft an hunn dat och an eisem Programm festgeschriwwen, an duerfir hu mer och an eisem Programm de familljepolitesche Mesurë méi eng grouss an eng ganz besonnesch Bedeitung zougeschwat. Gesond a finanziell onofhängeg Famille sinn zum Deel schonn d'Garantie fir gesond an opgekläerte Kanner, an domat awer och eng Garantie fir eng gesond Gesellschaft.

Familljepolitik ass awer net eleng eng Geschicht vu Suen, mä och vu Präventioun. Präventioun an deem Sënn, datt mer d'Famillen, déi haut jo meeschtens an enger anerer Konzeptioun fonctionnéieren, wéi dat viru Joren de Fall war, wou d'Roll vun der Mamm an dem Papp ganz anescht verdeelt war a wou nach déi stur Meenung war, wie wat muss an duerf maachen,…

(Interruptions)

Haut ass et jiddferengem säi Recht, op Fra oder Mann, selwer ze entscheeden, wéi e säi Liewen organiséiert an domadder gëtt och d'Organisatioun vum Familljeliewe vill méi komplizéiert wéi dat virdrun de Fall war.

Dofir mussen och all Mesurë weider ausgebaut ginn, déi dozou bäidroen, datt d'Famill och kann normal fonctionnéieren, wa méi Eltere sech entscheede fir beruffstäteg ze ginn.

Och am aarbechtsrechtleche Beräich musse weider Ustrengunge gemaach ginn, fir der Famill, déi Kanner erzitt, entgéintzekommen, an de Congé pour raisons familiales muss den effektive Bedürfnisser vun der Famill ugepasst ginn.

Wa mir als Gesellschaft an d' Richtung gi vun anere Familljekonzeptiounen, andeem mer verlaangen, datt méi Fraen op den Aarbechtsmaart mussen integréiert ginn, da muss jidderee säin Deel dozou bäidroen, och d'Ekonomie.

Dofir ass den Ausbau vum Congé parental a vum Congé pour raisons familiales eng absolut Noutwendegkeet.

Der Ekonomie sinn an deene leschte Jorzéngte genuch Steiergeschenker gemaach ginn a mat der Manipulatioun vum Steiergesetz ginn der elo och nach weider gemaach, da muss déi Ekonomie och hire Beitrag dozou leeschten, fir de Familljen hir Liewensqualitéit ze erhalen, wa béid Eltere schaffe ginn oder am Betrib beschäftegt sinn.

Haaptacteur awer, wat d'Familljepolitik ubelaangt, muss de Stat bleiwen, andeem déi Plus-valuen, déi all Joer ufalen, dohinner zréckgefouert ginn, wou e se hiergeholl huet, an zwar un d'Steierzueler. Prioritär awer un d'Familljen, egal wéi se sech zesummesetzen, ob monoparental oder soss wéi, fir domadder eng Garantie ze ginn, datt d'Gesellschaft sech weider ka gesond entwéckelen.

Et muss ee sech och emol d'Fro stellen, ob d'Famill eréischt eng Famill ass, wa se Kanner huet oder ob net och eng Koppel ouni Kanner als Famill ugesi muss ginn a méi ënnerstëtzt muss ginn, fir datt hir de Wee, fir hir Famill ze vergréisseren, méi liicht gemaach gëtt, ouni datt se awer a finanziell Engpäss kënnt.

E weideren Hoff muss och onbedéngt gemaach ginn, fir monoparentale Familljen, wou d'Organisatioun vum Familljeliewe méi schwéier fält.

Et muss also dofir Suerg gedroe ginn, datt, egal wat fir e Choix eng Familljen trëfft, hir muss déiselwecht Chancë gebuede ginn um Aarbechtsmaart an och bei der Organisatioun vun hirer Famill.

Dat geet souwuel an de Beräich vun de Services d'accueil, Crèchen, awer och an déi soziopädagogesch Beräicher eran, besonnesch an de soziale Beräich, wou nach vill Nohuelbedarf ass a wou och der Sozialbetreiung vun de Famillje muss eng besonnesch Opmierksamkeet zoukommen.

Den Här Lux huet dat hei virdru ganz kloer ëmrass.

Et ass also eng kollektiv Responsabilitéit gefuerdert an dofir wier et och wichteg, datt all gutt Initiativen am familljepolitesche Beräich kollektiv geplangt a realiséiert ginn, an och all gutt Iddien, déi hei abruecht ginn, kënnten an engem vernünftegen Zäitpunkt virbruecht, diskutéiert an ofgestëmmt ginn.

Ofschléissend wëll ech awer nach bemierken, datt och d'Kannergeldkeess muss Moyenen zur Verfügung gestallt kréien, fir all déi Demanden, an deene villen Uriff, deenen Dag fir Dag Rechnung muss gedroe ginn, kënnen an engem räsonnablen Délai ze évacuéieren, wat elo leider doduerch, datt d'Kannergeldkeess net esou fonctionnéiere ka wéi se wëllt, net de Fall ass.

Vill Famillje mat klengem Revenu sinn op d'Kannergeld ugewisen an all Retard an deem Beräich ka seriö Konsequenze kréien.

No deem, wat all meng Virriedner gesot hunn an no deem, wat ech hei virbereet hunn, ass et ganz kloer, datt mir als ADR och dee Projet hei wäerte stëmmen.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Camille Gira agedroen. Den Här Gira huet d'Wuert.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och déi Gréng wäerten dëse Projet stëmmen, mä och déi Gréng hunn eng Rei méi prinzipiell Remarken an och Bedenken zu dësem Projet, déi sech praktesch total decke mat deem, wat den Här Lux virdrun hei gesot huet, esou datt ech mech a menger Interventioun relativ kuerz kann halen.

1. Och déi Gréng bedaueren, datt de Mechanismus, fir parallell zur Erhéijung vum Kannergeld den Abattement fiscal zréckzeféieren, net bäibehale ginn ass. Dann hätt een an all Etapp Folgendes gehat:

Niddreg Akommes hätten 1.000 Frang ënnert dem Strëch fir hir Kanner kritt an déi héich Akommes nach 620 Frang.

Elo hu mer pro Tranche déi ëmgedréite Situatioun, datt déi niddreg Akommes 1.000 Frang pro Kand kréien an déi héich Akommes 1.380 Frang.

Deen anere Mechanismus wier, wéi scho gesot ginn ass, wesentlech méi gerecht gewiescht a besonnesch am Kontext vun der Steierreform, wou jo gëschter ganz kloer zum Virschäin komm ass, datt et do Leit gëtt, déi wierklech ganz substanziell vun dëser Steierreform wäerte profitéieren, während der ganz vill wäerten eidel ausgoen. Ech wëll och do net méi an den Detail goen. Dat huet mäi Kolleeg Fränz Bausch gëschter en long et en large gemaach an ech brauch dat net méi ze widderhuelen.

Dat hätt eis awer och, Här President, dëse Mechanismus bis zum Enn ze féieren, alt erëm e klenge Schrëtt méi no bruecht zu enger potenzieller Individualiséierung vun der ganzer Steiertabell, wou déi Gréng fervent Unhänger sinn. Dann hätte mer dat Stéck Wees alt schonn hannert eis gehat a wann eng Rei Etüden dann

um Dësch leien, hätte mer net méi bräichten iwwer esou Detailer wéi dat do ze diskutéieren. Dann hätt een direkt d'Individualiséierung seriö kënnen ugoen.

Et ass net nëmmen erstaunlech, datt am Exposé des motifs, wéi den Här Lux gesot huet, praktesch d'Argumentatioun vun deem Projet virdrun iwwerholl gëtt, mä et steet kee Pippcheswuert dran, firwat dann elo d'Regierung d'Logik vun där fréierer Regierung net méi weiderféiert.

M. Lucien Lux *(LSAP).-* Et steet dran, well et an der Regierungserklärung war.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).-* Dat ass awer dann e bësse schappeg. Mir wësse jo och alleguer wou d'Haaptargument hierkënnt. Et entsprécht net enger chrëschtlech-sozialer Gesellschaftsvirstellung eng Steiertabell ze hunn, wou d'Kanner net méi dran optauchen.

Ech muss lech soen, Här President, ech respektéieren déi Virstellung. Dat ass eng gewësse Manéier d'Gesellschaft ze kucken an och ze kucken an dëser Gesellschaft Sozial- a Familljepolitik ze maachen. Ech hätt et awer dann och korrekt fonnt, wann déi chrëschtlech-sozial Familljeministesch de Courage gehat hätt, dat kloer an däitlech an den Exposé des motifs ze schreiwen. Dann hätt ee wéinegstens verstanen, firwat dass mer elo mat där virgenannter Logik ophalen.

Datt den Abattement fir Kanner net ofgeschaaft gëtt, léisst eis Gréng awer och ganz seriö drun zweifelen, ob d'CSV iwwerhaapt bereet ass, am Eescht iwwer eng Individualiséierung vun der Steiertabell nozedenken. Ech ginn de Verdacht net lass, datt déi puer Etüden, déi elo da sollen an Optrag gi si ginn, datselwecht Schicksal wäerten erliewe wéi all déi, déi den Här Lux schonn opgezielt huet, nämlech datt se méi en Oflenkungsmanöver a Blitzableiter solle sinn, an alt erëm e puer Joer hanner eis ze kréien, ier mer dann dës Diskussioun iwwert d'Individualiséierung endlech missten ugoen.

2. Et gëtt wierklech Zäit, Här President, datt mer eis Gedanke maachen iwwert d'Selektivitéit vun de Sozialtransferten. Ech mengen, mir sinn eis alleguer eens, datt mer och dës Kéier erëm mat der berühmter Strenz ondifferenzéiert iwwert d'Land fueren. Dat belaascht de Budget awer ëmmerhi mat zousätzlechen zwou Milliarde Frang, an déi eng, mat de gudde Paien, huelen déi 1.000 Frang dankbar als klengt Täschegeld de Mount un, an deenen aneren, déi ze vill hu fir ze stierwen, awer net genuch hu fir ze liewen, hëllefe mer mat deenen 1.000 Frang de Mount sécherlech net iwwert de Bierg.

An och zu Lëtzebuerg wäert et net méi endlos méiglech sinn, nei sozial Transferte fir Honnerte vu Leit anzeféieren, an der Hoffnung, datt mer deenen zéng,15 oder 20%, déi et wierklech brauchen, domadder hëllefen.

Mech erënnert déi do Virgehensweis un déi jorzéngtelaang Praxis a ville Gemengen, iwwer Gemengentaxe Sozialpolitik ze bedreiwen. Do si während Jorzéngten am Waasserberäich, am Ofwaasserberäich, am Offallberäich Taxe ganz bewosst niddreg gehale gi mam Argument, datt eng Rei Familljen net capabel wieren, déi ze bezuelen, mam Resultat, datt iwwer Jorzéngten an deene Servicer ganz grouss Defiziter entstane sinn, de facto eigentlech 90% vun de Familljen, déi kee Problem gehat hätten dës Taxen nom Pollueur-payeur ze bezuelen, subventionéiert si ginn. Et hätt ee kënne mat vill méi cibléierte soziale Mesuren deenen zéng oder 15% hëllefen, mä et hätt een awer da seng Budgeten am Equiliber gehat. Ech froe mech, ob eis net iergendwéi eng Kéier am Statsbudget, mat eiser Manéier virzegoen, dat riskéiert ze geschéien.

Ech mengen, datt Selektivitéit bei de Sozialtransferten duebel wichteg ass, wann, wéi et gëschter hei och e puermol gesot ginn ass, d'Steierpolitik näischt méi hiergëtt fir deenen Äermsten hei am Land ze hëllefen.

Dat ass scho méi laang zu Lëtzebuerg de Fall, mä no der neier Steierreform, wann 30-40% vun den Haushalter iwwerhaapt keng Steiere méi wäerte bezuelen, ass dat duebel néideg. Ech gleewen net esou richteg dem Här Calmes senge Chifferen, déi hien elo hei op den Dësch geluecht huet, datt nëmme 7% vun de Famillje mat Kanner keng Steiere bezuelen. Ech hu ganz aner Chifferen hei vu gewësse Beruffschamberen, déi vun 30-40% schwätzen. Ech mengen, datt déi méi realistesch si wéi déi, déi den Här Calmes hei op den Dësch geluecht huet.

Effektiv läit dat do schonn alles um Dësch an der RWI-Etüd vun 1998. Elo ass eng nei vum CEPS bestallt. Ech kann nëmmen dat widderhuele wat den Här Lux gesot huet: Kommt mir schwätzen net nëmmen ëmmer iwwer Selektivitéit, mä kommt mir maachen endlech Neel mat Käpp.

Ech kann lech versécheren, Här President, datt Der déi Gréng als Alliéiert fannt, wann et drëm geet, eng selektiv Sozialpolitik ze maachen, mä och fir nei Weeër ze goen, wéi zum Beispill Negativsteier. Esou eng Steier fënnt sech schonn zënter Joren an eise Programmer.

3. Et soll een och an deem ganze Kontext net Äppel mat Biere vergläichen. Ech hunn d'Gefill, wann déi lescht Deeg vill Chifferen hei iwwert dëst Pult gaange sinn, datt mer, wa mer am Verglach mam noen Ausland hei virgaange sinn, dacks Äppel mat Biere verglach hunn. Ech hat d'Gefill, datt de Statsminister dat gëschter och gemaach huet, wéi en hei eng Rei Chiffere genannt huet an eis wollt beweisen, datt mer zu Lëtzebuerg awer ganz wäit sinn, wéi e Chiffere vu 400.000 Frang zitéiert huet, déi hei steierfräi sinn an am Ausland vill méi niddreg sinn.

Sécherlech si mer ganz wäit, mä wann een dat do mécht, da muss een awer och direkt hannendru soen, datt 400.000 Frang zu Lëtzebuerg eppes anescht si wéi

400.000 Frang an der Belsch oder a Frankräich. Dat gëllt och am Kontext mam Kannergeld.

Et ass sécherlech richteg, datt e belsche Schoulmeeschter a mengem Alter, mat zwee Kanner an enger Nettospai vu 55.000 Frang, ganz frou wier, wann en ab d'nächst Joer 16.000 Frang Kannergeld kréich vum belsche Stat. Mä et muss een awer direkt hannendru soen, datt e mat deene 16.000 Frang an der Belsch och wesentlech méi kënnt maachen, wéi hei zu Lëtzebuerg, wou déi 16.000 Frang, eleng duerch den Ënnerscheed wat eng Wunneng mat dräi Schlofkummere vis-à-vis vun enger Wunneng mat enger Schlofkummer kascht, praktesch integral opgefriess sinn.

Här President, et gëtt och nach aner Liewensënnerhaltskäschten, déi zu Lëtzebuerg wesentlech méi héich si wéi am Ausland. Déi wéinegst Leit kënne vun Alkohol, Zigaretten a Bensin liewen, an et ass iwwerhaapt net esou, datt mir an alle Beräicher vun de Liewensmëttel déi Bëllegst sinn. Rezenterweis ass am Kontext mam Euro, wou et jo elo méi einfach gëtt d'Präisser ze vergläichen, eng Statistik publizéiert ginn, déi zum Beispill de Präis vum Liter Mëllech an deenen zwielef Euro-Länner analyséiert. An do konnt ee mat Erstaune feststellen, datt Lëtzebuerg dat Land ass, wou de Liter Mëllech mat am deiersten ass. An ech sinn iwwerzeegt, wa mer d'ganz Liewensmëttel géingen duerchgoen, datt mer nach vill där Beräicher a vill där Produite géinge fannen.

Et kënnt e bëssen dat Gefill op, well déi dräi Artikelen, déi ech genannt hunn, Alkohol, Zigaretten a Bensin, wesentlech méi bëlleg si wéi am Ausland, datt de ganze Rescht och méi bëlleg wier. Ech mengen, d'Leit hunn och scho längst erausfonnt, datt dat net iwwerall esou ass, well soss géinge mer net déi Dausende vu Lëtzebuerger zu Arel, zu Thionville an zu Tréier erëmfannen, fir do hir Akeef ze maachen.

Ech wëll och emol eng Kéier drop hiweisen, datt d'Resultat vun enger falscher Verkéierspolitik, déi bis elo praktesch exklusiv op den Auto gesat huet, net nëmmen all Dag de Chaos op de Stroosse produzéiert, mä och fir vill Haushalter mat klengem Akommes eng enorm Belaaschtung duerstellt.

Wann eng Famill mat zwee klenge Revenuë keng aner Méiglechkeet huet wéi allenzwee mam Auto schaffen ze fueren an ee weess, datt wann een eng éierlech Rechnung mécht, een ënner zéng Frang de Kilometer keen Auto ka bedreiwen, an ech emol dovun ausginn, datt dës Famill zesumme 40.000 km mécht, da sinn dem Här Juncker seng 400.000 Frang, déi steierfräi sinn, schonn opgefriess, eleng duerch d'Belaaschtung an d'Bedreiwe vun zwee Autoen.

Ech wollt an dësem Kontext emol eng Kéier soen, dass ganz oft de sozialen Aspekt vun engem gutt fonctionnéiernden öffentlechen Transport vergiess gëtt. Et geet bei engem gudden öffentlechen Transport net nëmmen ëm d'Ëmwelt, et geet och ëm Sozialpolitik a Familljepolitik, wann ee vergläicht, wéi laang een do derniewent ka mat engem Ökobilljee duerch d'ganzt Land fueren.

Schlussendlech gëtt och, duerch déi vill iwwerduerchschnëttlech héich Revenuen zu Lëtzebuerg, e sozialen Drock op déi sozial Schwaach ausgeübt, fir awer dach och op der Konsumwell matzereiden. Och dat ass ee Phänomen, deen een net kann ënnerschätzen. Derbäi kënnt nach d'Werbung, déi weider probéiert, dee Mechanismus auszereizen.

A grad wa mer vu Kannergeld schwätzen an et kuckt een, wéi cibléiert déi lescht Jore gréisser Firmaen higinn a sech Kanner an de Jugendberäich eraussichen, fir do de Konsum unzekierpen, da kënne mer eis virstellen, wéi schnell déi 1.000 Frang de Mount deemnächst erëm wäerte verkonsuméiert sinn.

Och an deem do Beräich ass zu Lëtzebuerg net grad alles Gold wat blénkt, an déi Gréng hoffen, dass mer nach an dëser Legislaturperiod, an no där Diskussioun iwwert méi Selektivitéit an der Sozialpolitik, d'Geleeënheet kréien, fir dës Steierreform substanziell nozebesseren a fir endlech de Wee a méi eng selektiv Sozialpolitik anzeschloen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Bisdorff.

M. Aloyse Bisdorff *(déi Lénk).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ursprünglech war virgesinn, dass an dësem Gesetzesprojet net nëmmen déi Familljenzoulag sollt diskutéiert ginn, mä och d'Aschoulungsprim an de Congé parental sollte geännert ginn. Well awer den Dépôt eréischt den 19. November gemaach ginn ass an d'Berichter vun deene verschiddene Beruffschamberen eréischt ëm den 10. Dezember dem Statsrot zoukomm sinn, huet dee refuséiert, déi aner Deeler vun dësem Gesetzesprojet ze aviséieren, an dofir kënne mer haut nëmmen de Punkt vun der Familljenzoulag diskutéieren.

Déi Familljenzoulag soll elo eropgesat ginn ëm 24,75 Euro pro Kand pro Mount, an dat soll 1.000 Frang entspriechen, esou wéi dat ursprünglech ugekënnegt war. A Wierklechkeet sinn et awer nëmmen 998,4 Frang. Dat ass zréckzeféieren, gëtt erkläert, drop, dass déi Gesamtzomm zréckgerechent gëtt op Index 100 an dofir kéim dann déi onglécklech ongeruet Zuel eraus.

Am Bericht vun der Kommissioun zu dësem Gesetzesprojet heescht et: "Les allocations familiales forment en effet avec les abattements pour enfants en matière d'imposition directe l'instrument essentiel de compensation des charges familiales."

Mat deem zweeten Deel vun dëser Ausso kann ech net averstane sinn. Familljepolitik kann een net iwwert d'Steiertabell maachen. Dat ass ongerecht. Déi eng, déi hu méi dervu wéi déi aner. Vun deenen Abattementer,

déi méiglech sinn, profitéieren déi Famillje mat héierem Akommes, währenddeem déi aner net dovu kënne profitéieren, well se souwéisou keng Steiere bezuelen. Si sinn direkt ausgeschloss.

Déi Zouwendunge sollte gläich fir jidderee gemaach ginn an net differenzéiert, dass déi eng iwwert d'Steiertabell méi profitéiere wéi déi aner. Dat geet dorop eraus, wéi wann déi eng Kanner dem Stat méi wäert wäre wéi déi aner. Et geet awer ëm méi eng déif Iwwerleeung. D'Steiertabell kann net duerhale fir eng natalistesch oder eng demographesch Politik ze maachen. Et fonctionnéiert net. Et fonctionnéiert néierens an der Welt a Länner, déi ongefëier op deemselwechten Niveau si wéi mir.

Et muss ee sech och emol d'Fro stellen, ob et iwwerhaapt nach noutwendeg ass, an dësem Land eng natalistesch Politik ze bedreiwen, wou mer dach eng Zounahm vun der Bevölkerung hunn, déi un der Spëtzt steet vun der ganzer EU mat 1,5%, déi zwar net duerch Gebuertenïwwerschoss hierkënnt, mä déi duerch d'Immigratioun ervirgeruff ass.

Déi Saache mat der Kannerzoulag an der Kombinatioun och mat der Steiertabell, déi si genau esou ongerecht wéi déi Geschichte mat der Indextranche. Déi eng, déi kréien eng relativ grouss, déi aner kréien eng kleng. Och do misst driwwer nogeduecht ginn, ob een net eng maximal an eng minimal Indextranche kënnt aféieren, fir ee besseren Equiliber ze hunn an der sozialer Verdeelung an eisem Land, wou et sech jo erausstellt – no deem leschte Rapport vun der CARITAS –, dass dat soziaalt Ausenanerdrifften ëmmer méi grouss gëtt, an dat an engem Land vun deem gesot gëtt, dass säi Räichtum ee vun deene gréisste wär an der Welt.

Wann een och elo mat dëser Kannerzoulag d'accord muss sinn, muss een awer hir Grenze gesinn, wat déi sozial Ëmverdeelung an dësem Land ubelaangt, an et muss ee sech iwwerleeën, ob een net op deem Punkt e besseren Ausgläich an Zukunft muss fannen.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Lucien Weiler.

M. Lucien Weiler *(CSV).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Mme Meyers-Frank huet haut de Mueren am Numm vun eiser Fraktioun eis Positioun zu dësem Projet duergeluecht. Ech hätt u sech d'Wuert net méi ergraff, wann den Här Lux mech net hei interpelléiert hätt a mech un dat erënnert hätt, wat ech d'lescht Joer am Kontext vun der Diskussioun iwwert d'Kannergeld gesot hat.

Ech muss soen, dass ech frou sinn, dass prinzipiell eng grouss Unanimitéit an dësem Haus besteet fir dëse Projet, deen d'Mme Jacobs eis hei ënnerbreet huet, och wann et déi eng oder aner kritesch Ënnertéin ginn huet.

Den Här Lux huet gemengt, dass d'familljepolitesch Imaginatioun vun der Regierung, déi ech d'lescht Joer hei ugekënnegt hat, respektiv déi sozialpolitesch Imaginatioun, iwwert déi ech och geschwat hat, dass déi awer net esou fuerchtbar grouss wären, well 1.000 Frang méi Kannergeld géif keng extrem grouss Imaginatioun beweisen.

Ech ginn him net ganz Onrecht doran. 1.000 Frang, dat hu mer schonn eemol gemaach, dat maache mer och dës Kéier. Dat stong am Walprogramm. Dat gëtt esou exécutéiert.

Et ass och esou, dass, wat eenzel Mesuren ubelaangt, mir och mussen der Majoritéit, der Regierung, der Mme Minister Jacobs Zäit ginn. Mir hunn nach 2 $^1/_2$ Joer virun eis, a wann déi Etüd vum CEPS virläit, déi virdru schonn e puermol hei ugesprach ginn ass, da wäert Der gesinn, dass mer nach eng Rei vu Moossname wäerten ergräife mussen, an dofir sinn ech nach ëmmer optimistesch, dass déi familljepolitesch Imaginatioun, déi ech fir dës Majoritéit…

(Interruption)

Jo, Dir kënnt mech zitéieren an Dir wäert gesinn, dass Initiative kommen.

Ech si gären d'accord, wann hei gesot gëtt, et muss méi selektiv a méi cibléiert gehandelt ginn. Dat gouf vun alle Säiten agefuerdert. Dat hat och schonn den aktuelle Budgetsminister, wéi e Budgetsrapporteur war, a sengem Rapport geschriwwen. Ech ka mech extrem gutt un déi Debatten erënneren, notamment an der Finanzkommissioun, wou nawell mat zimlech vill Courage vun alle Säiten un déi Fro erugaange ginn ass a wou vill proposéiert an Iddien entwéckelt gi sinn, mä déi hunn awer ni richteg Suitë kritt. Ech muss soen, dass an där Hisiicht d'Selektivitéitskritären an d'cibléiert Virgoe vun dëser Regierung an dëse Froen net méi grouss si wéi déi vun deene leschte Regierungen.

A wann ech virdrun den Här Gira hei héieren hunn, dee ganz stramm ee méi selektiivt Virgoe virgeschloen huet a gesot huet, mir géifen déi Gréng um Wee vun esou engem Virgoe fannen, da muss ech soen, da freet dat mech an ech freeë mech och op déi Diskussiounen, déi mer op Basis vun der CEPS-Etüd kréie wäerten, mä ëmmerhinn hunn ech an deene leschte Méint festgestallt, souguer an deene leschten zwee Joer, dass bei ville Froen déi gréng Fraktioun sech positionéiert huet an a grousse Pressekonferenzen hir Iddien developpéiert huet. Ech hätt mer erhofft, wann déi Gréng scho mengen, dass d'Regierung en retard wär a mat deene Selektivitéitskritären net esou richteg weiderkéim, si dann der Regierung op d'Spréng gehollef hätten an emol e Pabeier virgeluecht hätten, wéi se sech déi Critères de sélectivité géife virstellen.

(Interruption)

Wa mer iwwert Familljepolitik an d'Allocatioune schwätzen, déi d'Famillje kréien, do schwätze mer net nëmmen iwwer Kannergeld, do schwätze mer iwwer Allocation de

maternité, Allocation d'éducation, Allocation de rentrée scolaire, Allocation de naissance a Congé parental.

Iwwer all déi Saache schwätze mer. A wann ee selektiv wëllt virgoen, da muss ee wëssen, wat dat heescht. Selektiv virgoen heescht, Moyenen asetzen, wou se am noutwendegste gebraucht ginn a gegebenenfalls Moyenen ze sträichen, wou se net gebraucht ginn.

Ech muss lech soen, dat wär mäin allergréisste Wonsch, wa mir an dësem Parlament eis wéinegstens op Grondprinzipie vu Selektivitéit, déi jo vu jidderengem, domat si mir all d'accord, gefrot sinn, kënnten eenegen, mä wa mer d'Debatt d'nächst Joer kréie wäerten, da wäerte mer emol gesinn, dass eng Rei vun eis sech nach ganz schwéier doe wäerten, wann et konkret drëm geet, fir ze soen, do an do wëlle mer bei der Selektivitéit usetzen.

Ech wëll ee Wuert soen zu der Steiermoderatioun vu 36.000 Frang. Dat wat ëmmer déi vertikal Approche an déi horizontal Approche genannt gëtt, fir virzegoen. Den Här Lux huet bedauert, dass dës Majoritéit net weiderfiert op där Schinn wéi déi lescht Regierung gefuer ass.

Ech muss lech ganz éierlech soen, perséinlech sinn ech och net frou domat an dat geet, mengen ech, queesch duerch all d'Parteien. An all Partei gëtt et Unhänger vun där enger Approche an et gëtt Unhänger vun där anerer Approche. A wéi mir eise Walprogramm opgesat hunn, hu mir dat do diskutéiert a mir hunn eis missen décidéieren. A wéi dat an enger demokratescher Partei ass, ass et d'Majoritéit, déi en fin de compte ausschlaggebend ass. Bei eis huet dës Kéier d'Majoritéit gesot, mir wëllen deen do Niveau vu 36.000 Frang bäibehalen.

Ech hätt wuel esougutt kënne mat deem anere System liewen. Ech hunn och fir deen anere System plädéiert, mä et kritt ee sech net ëmmer bei allem duerchgesat. Och an dem Här Lux senger Partei si sécher emol schonn Décisioune geholl ginn, wou hien net esou frou dermat war, grad wéi och aner Kolleegen heibannen. Ech gi gären zou, dass aus menger Vue een dat roueg hätt kënne maachen an ech schléissen net aus, dass och eng nächst Koalitioun kann op där do Schinn weiderfueren.

D'Demokratesch Partei hat jo och Propositiounen an déi Richtung gemaach. Den Här Calmes huet virdru rappeléiert a gesot: Kommt mir maachen an den héije Gehälterkategorien éischter eppes um Niveau vun de Steieren an da kënne mer ënnen eppes weider ginn, wat d'Allocatiounen ubelaangt. Theoretesch kënnt ee jo mat där Approche d'accord sinn. Mir hunn déi deemools net matgedroen. Si ass och am Koalitiounsaccord net zréckbehale ginn, well een och net richteg gesinn a gespuert huet, zu wat dat géif féieren, well eben déi Steiererliichterungen, déi vun enger gewësser Kategorie vu Revenu, proposéiert goufen, wat dat en fin de compte géif ausmaachen.

Et ka jo net esou sinn, dass, wa mer esou e System géifen aféieren, op dem héijeren Niveau iwwert de Wee vun de Steieren, mir méi eng avantagéis Situatioun géifen erbäiféiere wéi dat ënne géif geschéien, wann een eppes um Kannergeld géif maachen.

Den Här Gira huet virdrun hei gesot, an do ginn ech him Recht, speziell am Kader vun der Steierreform, déi mir gëschter gestëmmt hunn, hätt sech deen Abattement vu 36.000 Frang, wann een op där aler Schinn weidergefuer wär, ganz gutt gemaach. Et ass keen Zweifel drun. Mä et ass nun eben esou, dass dës Koalitioun sech décidéiert huet, fir dat do bäizebehalen. Et gëtt gutt Grënn, fir et bäizebehalen, esou wéi et och Grënn gëtt, fir et ofzeschafen, deementspriechend hu mir déi Situatioun, déi mir elo hunn.

Wa mer d'Fréijoer kommen an diskutéiere sollen iwwert d'CEPS-Etüd, da stellt sech och déi grondsätzlech Fro awéiwäit mer, wann ech déi Debatten haut héieren hunn, d'Familljepolitik als eegestänneg Politik fir Famill, fir Kanner bäibehalen oder awéiwäit d'Familljepolitik soll zum Deel ëmmodeléiert ginn als eng Form vu Sozialpolitik, vun Aide sociale, vu Prévoyance sociale, a wéi déi Termen all sinn. Dat ass déi Fro, déi mir eis an deem Kontext wäerte stelle mussen.

(Interruption)

Jo, klor Virstellunge sinn ëmmer gutt. Mir wäerten dat preziséieren, wa mer d'CEPS-Etüd emol virleien hunn. Ech freeë mech op déi Debatten, déi mer kréie wäerten, wann et drëmgoe wäert fir d'Selektivitéit, déi jiddfereen heibannen aklot, déi awer bis elo nach kee prezis definéiert huet, ze definéieren. Well wéi ëmmer: Am Detail läit den Däiwel. A wa mer bis bei den Detail kommen, da gëtt et méi schwiereg. Mä wann de gudde Wëllen op alle Bänken heibannen ass, a mir wëlle jo a Richtung Sozialpolitik goen, mir wëlle jo fir deen Deel vun eiser Bevölkerung, deem et manner gutt geet wéi deem, iwwert dee mer gëschter geschwat hunn a wou mer Steieren nogelooss hunn, eppes maachen, wou ech denken, dass op ville Borden heibannen dee Wëlle besteet, da kënne mer ganz gutt Debatten a gutt Resultater kréien.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- A Vertriedung vun der Familljeministesch, déi verhënnert ass, huet elo den Här Budgetsminister Luc Frieden d'Wuert.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.-* Här President, dat hei huet net nëmme mat Familljepolitik ze dinn, mä och mat Budgetspolitik, an dofir, wann ech gären hei d'Kolleegin Marie-Josée Jacobs vertrieden, esou ass et och en direkte Lien mat deem, wat mer an deene leschte Wochen hei diskutéiert hunn, well dëst Gesetz, dat e ganz wichtegt Gesetz ass fir d'Familljen, déi hei am Land wunnen a schaffen, bréngt de groussen Akzent vun der Familljepolitik a vun der Budgetspolitik vum nächste Joer zum Ausdrock.

Als Budgetsminister géing ech gären hei nach eng Kéier dee Chiffer rappeléieren, wat de Stat fir d'Familljen, just iwwert de Wee vum Kannergeld, a sengem Budget ausgëtt.

Am Projet de budget vum Joer 2002, deen haut zur Ofstëmmung an dësem Haus kënnt, sinn 19 Milliarde Lëtzebuerger Frang virgesinn, fir d'Bezuele vum Kannergeld. Dat ass e Montant, deen ee sech emol muss virun Aen halen, well dat ass de Beitrag, deen de Stat leescht fir d'Familljen hei am Land, och iwwert de Wee vun de Steieren. An och do ass en Element sozial Gerechtegkeet, well déi Steieren, déi hei am Land bezuelt ginn, ginn iwwert dëse Wee verdeelt, an dofir ass dat en Element, dat een op där anerer Säit och op der Recettësäit muss an der sozialer Gerechtegkeet kucken, wat an där Diskussoun virdrun net ervirkomm ass.

Wann ech zum Beispill 1990 kucken, also virun zéng Joer, hat de Stat fir d'Kannergeld 2,5 Milliarden am Budget stoen. Haut sinn et 19 Milliarden. Déi Chifferen eleng wieren derwäert sech emol eng gréisser Reflexioun ze maachen. Dat kënnt net nëmmen doduerch, well dem Stat seng Kontributioun ëmmer méi grouss ginn ass duerch d'Zuel vun de Kanner, mä och well de Stat d'Kotisatioune vum Privatsecteur iwwerholl huet. Wéi gesot, haut hu mer 19 Milliarden an 1990 hate mer nëmmen 2,5 Milliarden, wat aus dem Statsbudget u Kannergeld gefloss ass.

Ech hu gesot, dëst ass e wichtegt Gesetz fir d'Familljen hei am Land an ech soen dat als Minister an als Papp vu Kanner, dee weess wat Kanner kaschten, all d'Kanner. Dofir ass et, mengen ech gutt, datt eng Hëllef vum Stat kënnt.

An deene leschten Deeg si mat enger gewëssener Freed ëmmer europäesch komparativ Studien zu Lëtzebuerg presentéiert ginn an ëmmer ass gesot ginn, wéi schlecht Lëtzebuerg apparemment ewech komm ass. Mä erstaunlech ass, datt keen déi aner Studie bréngt, wou gewise gëtt, wéi gutt sech zu Lëtzebuerg agesat gëtt fir verschidde Sujeten. An d'Kannergeld ass do e ganz gutt Beispill. Ech deelen net d'Meenung vum Spriecher vun der grénger Fraktioun, dee gesot huet, an der Belsch wier et méi bëlleg.

Mir haten eng interessant Diskussioun um Rand vum Conseil vu Laeken, wou iwwert d'Sëtzer diskutéiert ginn ass. Leider ass deen net zur Konklusioun komm. Ee vun de Punkten, déi verschidde Länner géint d'Belsch virbruecht hunn, hu se gesot, wann een zu Bréissel wunnt, sinn d'Loyeren déi héchsten an Europa. An och Äert Beispill vum Schoulmeeschter. Ech huelen un, datt et och zu Bréissel Schoulmeeschtere ginn, déi Äert Beispill beluecht hunn an datt déi och iergendwou musse wunnen an och do wëll ech soen, datt déi Erhéijung vum Kannergeld hëlleft, datt et de Familljen hei am Land besser geet.

Zu Bréissel huet de Finanzminister vu Finnland gesot, datt bei hinnen d'Kannergeld 100 Euro pro Kand ass. Mir hunn e Kannergeld, dat bei engem Kand bei 170 Euro oder 6.800 Frang läit. Dat si wesentlech Ënnerscheeder an ech mengen och net, datt an engem Land wéi Finnland alles schrecklech bëlleg wier. Dofir wëll ech nach eng Kéier soen, mir maachen hei eng Politik, déi an der Hitparad vun deene Familljepolitiken an Europa un der Spëtzt steet an doriwwer kann ee frou sinn.

Selbstverständlech muss eng Justice sociale do sinn, an ech sinn nach wie vor d'accord mat deem, wat ech 1996 geschriwwen hunn am Numm vun der Finanzkommission. Ech mengen awer, datt ech net nëmmen zum Kannergeld geschriwwen hunn, mä datt ech gesot hunn, all déi Leeschtunge fir d'Famill muss een am Geescht vun der Solidaritéit kucken an eleng d'Kannergeld do eraushuelen ass zevill eng reduzéiert Approche. Déi Leit, déi méi verdéngen, bezuelen zum Beispill jo och méi an den öffentleche Crèchen. Déi 1.000 Frang, déi se hei kréien, musse se zu Recht mat méi Dépensen, le cas échéant, op verschiddene Plazen, notamment bei öffentleche Strukturen, ausginn. Et muss een also, wann ee wëllt d'Justice sociale kucken, déi e wichtege Facteur vun eiser Politik ass, dat Ganzt kucken.

Selbstverständlech kann een eng Diskussioun féieren iwwert d'Besteierung vun esou Zoulagen, mä erëm eng Kéier muss een dann all déi Zoulage kucken, an et muss een dann och d'Diskussioun iwwer aner Zoulagen, wéi nëmmen d'Kannergeld, féieren. Ech wëll just hei soen, datt een net kann een Element eraushuelen. An déi Fro kann och den Här Lux sech stellen, wann en zum Beispill iwwert de Forfait d'éducation referéiert, wou e seet, déi dierften net besteiert ginn, woubäi mir gesot hunn, datt dat ze vergläichen ass mat de Babyjoren an dofir do eng aner Logik ass an ee misst am Fong déiselwecht Approche do huelen an déi dofir besteieren. Mä dat ass eng Diskussioun, op déi d'Familljeministerin nach wäert zréckkommen, well ech mengen, et kann een dat eent net vun deem anere ganz lassgeléist betruechten.

Alles an allem ass dat hei, wéi gesot, e Gesetz, wou mer mengen, datt et hei am Land d'Liewensqualitéit vu ville Famillje versicht ze verbesseren. Ech si mat deenen d'accord, déi gesot hunn, datt Suen net alles ass. Dat ass beileiwe richteg a besonnesch de Famillje kann een net iwwert de Wee vun de Suen zefridden an zolidd Familljen opbauen, mä et ass een Element ënner ganz villen, well wann ee keng Suen huet, da gëtt et ganz schwiereg, fir duerch d'Liewen ze kommen.

Dofir mengen ech, datt dat hei e gutt Gesetz ass, an am Numm vun der Regierung sinn ech frou festzestellen, datt trotz alle kriteschen Iwwerleeungen, déi hei zu Recht gemaach gi sinn, dëst Gesetz eng ganz breet Zoustëmmung an dëser Chamber fënnt an dofir soen ech lech am Numm vun der Regierung merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 4867 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen also elo iwwert dee virleiende Gesetzprojet of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du seconde vote constitutionnel

Déi fir de Projet de loi sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass unanime mat 60 Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par M. Nico Loes), Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler.

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Gusty Graas), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. John Schummer), John Schummer et Théo Stendebach (par M. Xavier Bettel).

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer (par M. Lucien Lux), Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké).

MM. Jean Colombera (par M. Fernand Greisen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean Pierre Koepp et Robert Mehlen.

MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

M. Aloyse Bisdorff.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Domat wier dee Punkt ofgeschloss a mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4668, eng Konventioun iwwert d'Offallentsuergung um Rhäin an op de Bannegewässer.

D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et si schonn ageschriwwen: den Här Jung, d'Mme Delvaux, déi Häre Greisen, Gira a Bisdorff.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här John Schummer.

3. Projet de loi 4668 portant approbation et application de la Convention relative à la collecte, au dépôt et à la réception des déchets survenant en navigation rhénane et intérieure

Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports

M. John Schummer *(DP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Objet vun dësem Gesetzesvirschlag ass d'Approbatioun an d'Applikatioun vun der "Convention relative à la collecte, au dépôt et à la réception des déchets survenant en navigation rhénane et intérieure". Ausgehandelt an ënnerschriwwe gouf dës Konventioun den 9. September 1996 vun Däitschland, der Belsch, Frankräich, Holland, der Schwäiz a vu Lëtzebuerg.

Et handelt sech ëm eng international Konventioun, a bedeelegt sinn all d'Länner wou de Rhäin a seng Zouleef duerchfléissen. Allerdéngs applizéieren déi meescht Länner d'Dispositioune vun der Konventioun op alleguer hir national Waassereleef. Fir Lëtzebuerg applizéiert sech dës Konventioun haaptsächlech fir d'Navigatioun op der Musel.

D'Zilsetzung vun der Konventioun ass eng Verbesserung vum Ëmweltschutz an der Waasserqualitéit doduerch, datt d'Collecte, den Dépôt an d'Eliminatioun vun Offäll an Ofwässer, déi u Bord an duerch d'Exploitatioun vun de Schëffer gereegelt gëtt an de Finanzement duerch de Prinzip vum Pollueur-payeur assuréiert gëtt. D'Schëfffahrt ass deen éischte Moyen de transport, dee sech e prezise Regelkodex gëtt am Beräich vum Ëmweltschutz.

Well den Detail vun dësem Projet de loi an der Konventioun ganz prezis an de parlamentareschen Dokumenter beschriwwen ass a well Chrëschtdag virun der Dier steet, wëll ech lech net duerch eng laangwiereg Opzielung a Widderhuelung vum Geschriwwenen allze laang ophalen. Ech beschränke mech dofir op dat Wesentlecht.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt tëschent dräi Kategorie vun Décheten ënnerscheed:

1. Déchets huileux et graisseux,
2. d'Décheten, déi entstinn duerch d'Cargaisoun,
3. aner Décheten, déi duerch d'Exploitatioun vum Schëff entstinn.

Fir all Kategorie gëtt et betreffend Bestëmmungen, wéi déi Offäll mussen entsuergt ginn.

Déi éischt Kategorie vun Offäll, also Réckstänn vun Ueleg a Schmierstoffer, déi duerch d'Exploitatioun entstinn,